Klautjen

Nr. 03/2025



YouTube

www.bissen.lu

PROJETEN & REALISATIOUNEN

Télévie Zenter Biissen! 6

Projeten an der Gemeng Biissen 8

De Minister Max Hahn zu Biissen op Visite 10

Mobilitéitswoch 2025 – Mobilitéit fir Jiddfereen 14

REPORTAGEN & INTERVIEWS

Bis'Talk mam Daniel Horsmans 18

Biisser Geschichtsfrënn asbl 23

Café & Coiffure Raths, eng Biisser Geschicht 24

EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK

Marche Gourmande vun der Biisser Musek 31

Commemoratioun 2025 36

#BamChallenge 40

D'Natur wiisst mat eise Kanner 42

Biisser Chrëschtmaart 44

ADMINISTRATIOUN & SERVICER

Nei op der Gemeng 74

Labomobile zu Biissen 64

Ännerungen am Schoul-transport 60

Klautjen

Nr. 03/2025

www.bissen.lu

/gemeng.biissen

www.bissen.tv

/gemeng.biissen

SMS2CITIZEN

Bissen-App

Signalez-le!

Op ee Wuert



Léif Biisser,

Wann Dir dëse Klautjen an den Hänn hutt, huet d'Joer 2026 schonn ugefaang an nodréiglech wënschen ech Iech, am Numm vum Schäffen- a Gemengerot, e gutt a glécklecht neit Joer.

Wéi ëmmer fannt Dir och an dëser Ausgab e Réckbléck op dat, wat an de leschte Méint an de Veräiner an an de Gemengeinstitutioune gelaf ass an och en Ausbléck op dat, wat kënnt. Do stécht een Event besonnesch eraus, Biissen fir déi éischte Kéier als Télévie Zenter. De Lancement war freides, den 28. November um Chrëschtmaart, wou d'Team, dat sech ëm d'Organisatioun këmmert, sech virgestallt huet. Hinne stinn nach ganz usprochsvoll Méint bevir, ier den 18. Abrëll 2026 de groussen Télévie Dag gefeiert gëtt. Mä net nëmme si si gefuedert, mir alleguerten als Gemeng Biissen sti virun enger Erausfuerderung. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt mir dat absolut meeschteren, an den Erfolleg wäert eis fir all Méi entschiedegen.

D'Kapitelen "Projeten" a "Reportagen" däerfen och an dëser Ausgab net feelen. Dir fannt ee kuerze Feedback, wou d'Chantieren an der Gemeng dru sinn. An der Rubrik "Reportagen" gëtt et ee Bléck an d'Vergaangenheet an Dir kënnt den zweeten Deel iwwert de Café a Coifferssalon Raths liesen. Ganz intressant och den Interview mam Daniel Horsmans, deen aus dem Liewe vun engem Pompjee erzielt an eis ze bedenke gëtt, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, Leit dofir ze gewannen. An dobäi leeschte si sou eng wäertvoll Aarbecht am Déngscht vun der Allgemengheet.

Ech hoffen, Dir loosst iech begeeschtere vun der Lektür vun dësem Klautjen a kuckt voller Zouversiicht op dat, wat d'Joer 2026 brénge wäert.

David Viaggi, Roger Saurfeld & Cindy Barros Dinis

Au moment où vous tenez entre vos mains cette nouvelle édition du Klautjen, l'année 2026 a déjà débuté. C'est donc avec grand plaisir que je vous adresse, au nom du conseil échevinal et communal, mes meilleurs vœux de bonheur, de santé et de réussite pour cette nouvelle année.

Comme de coutume, cette édition vous propose une rétrospective des activités menées au sein des clubs et des institutions communales, tout en se projetant vers les événements à venir. L'année 2026 sera notamment marquée par un moment tout à fait particulier : Bissen sera, pour la toute première fois, centre Télévie. Le coup d'envoi de cet événement a été donné le vendredi 28 novembre lors du marché de Noël, à l'occasion duquel l'équipe organisatrice s'est présentée au public. Les mois à venir s'annoncent intenses pour ses membres jusqu'à la grande journée Télévie, prévue le 18 avril. Ce défi ne mobilisera pas seulement leur créativité et leur engagement, mais sollicitera l'ensemble de la commune de Bissen. Je suis toutefois convaincu que, grâce à notre esprit de solidarité, nous relèverons ce défi avec succès et que les résultats viendront récompenser les efforts de tous.

Les rubriques « Projets » et « Reportages » occupent également une place importante dans cette édition. Vous y découvrirez un aperçu de l'avancement des chantiers communaux, ainsi qu'un regard sur le passé à travers la deuxième partie du reportage consacré au café et salon de coiffure Raths. À ne pas manquer non plus : l'interview de Daniel Horsmans, qui partage son expérience de pompier et nous invite à réfléchir sur la diminution du nombre de personnes prêtes à s'engager dans ce domaine pourtant essentiel à l'intérêt général.

Je vous souhaite une agréable lecture du Klautjen et vous invite à aborder l'année 2026 avec confiance et optimisme.

Projeten & Realisatiounen

Télévie Zenter Biissen!



Dëst Joer mécht Biissen eng éischte Kéier beim Télévie mat. De Sënn an Zweck vum Télévie ass et, d'Recherche géint de Kriibs, a speziell d'Leukemie bei de Kanner, virunzebréngen. Dëse Projet wëlle mir als Gemeng ënnerstëtzen, a mir soen och elo scho jidderengem Merci fir seng Ënnerstëtzung.

18. Abrëll 2026: Groussen Télévie-Dag zu Biissen

Den 18. Abrëll 2026 steet dann de groussen Télévie-Dag um Programm – e Moment, wou mir all zesummen eist Bescht ginn, fir sou vill Spende wéi méiglech fir dës wichteg Recherche ze sammelen.

Et wäert een Dag mat ville flotten Aktivitéite ginn, fir Grouss a Kleng. Live Musek, Sprangschlässer, Workshops, Aussteller, an nach villes méi. Fir Gedrénks an Iessen wäert natierlech och beschtens gesuergt sinn. No an no wäert de genaue Programm matgedeelt ginn.

Fir ëmmer um Lafenden ze bleiwen, wat den Télévie ugeet, kënnt Dir gären d'Facebook-Säit „Télévie zu Biissen" suivéieren oder op eisem Internetsite (bissen.lu/televie) d'Neiegkeeten nokucken.

FACEBOOK-SÄIT „TÉLÉVIE ZU BIISSEN"

Benevolat fir den Télévie

Schonn elo weisen déi Biisser Veräiner, wéi motivéiert si sinn, fir och hiren Deel beim Télévie bäizedroen. Vill Sue goufen elo well gesammelt a gespent.

D'Veräiner sinn den 18. Abrëll vu grousser Wichtegkeet fir den Erfolleg vum Télévie Zenter Biissen. Dat heescht awer nit, dass mir eis nit och iwwert all aner Hëllef, déi mir kréien, freeën.

Wëllt Dir gären um groussen Télévie Dag hëllefen?

Wëllt Dir hëllefen andeems Dir ëppes Selwergebasteltes, -gekachtes, -gebakenes, oder soss eppes verkaaft an een Don un den Télévie maacht, respektiv dat den 18. Abrëll verkaaft? Wëllt Dir einfach just hëllefen andeems Dir een Don maacht a sou de Projet ënnerstëtzt?

All dat ass méiglech, a mir freeën eis iwwert all Aart vun Ënnerstëtzung!

Centre officiel Télévie Bissen

Cette année, Bissen participe pour la toute première fois au Télévie. Le but de Télévie est de faire avancer la recherche contre le cancer, et plus particulièrement contre la leucémie chez les enfants. En tant que commune, nous souhaitons soutenir pleinement ce projet, et nous remercions dès à présent toutes les personnes qui s'y associent et contribuent à sa réussite.

18 avril 2026 : Grande journée Télévie à Bissen

Le 18 avril 2026 aura lieu la grande journée Télévie à Bissen — un moment fort où nous unirons nos efforts pour récolter un maximum de dons en faveur de cette noble cause.

Ce sera une journée riche en animations pour petits et grands : concerts live, châteaux gonflables, ateliers, exposants et bien d'autres activités. Boissons et restauration seront bien entendu prévues. Le programme détaillé sera communiqué progressivement.

Pour rester informés de toutes les actualités liées au Télévie, vous pouvez suivre la page Facebook « Télévie zu Biissen » ou consulter les mises à jour sur notre site internet.

Bénévolat pour le Télévie

Les associations de Bissen ont déjà montré toute leur motivation à contribuer à l'action Télévie. De nombreux dons et collectes ont déjà été réalisés. Leur participation sera essentielle le 18 avril pour assurer le succès du Centre Télévie Bissen. Mais nous nous réjouissons bien sûr de toute autre forme d'aide ou de contribution.

Souhaitez-vous prêter main-forte lors de la grande journée Télévie ?

Aimeriez-vous soutenir le projet en vendant vos créations artisanales, vos préparations culinaires ou pâtisseries, et reverser les bénéfices au Télévie — ou les vendre directement le 18 avril 2026? Ou simplement faire un don pour soutenir le projet ?

Tout cela est possible, et nous apprécions toute forme de soutien !

Télévie Zenter Biissen

Wëllt Dir elo well den Télévie ënnerstëtzen? Da kënnt Dir dat mat engem Don op folgende Konto maachen:

Titulaire: Fondation Kiwanis CP-Biissen
IBAN: LU55 0019 8055 1163 7000
BIC: BCEELULLXXX
Adresse: 52, Am Duerf L-8289 Kehlen
(C/O Mr. Walch Emile)

Oder Dir scannt einfach de Payconiq-Code, fir direkt een Don ze maachen.

Mir soe Merci an hoffen, dass mir alleguer en erfollegräichen a flotten Télévie-Dag zesumme verbréngen.



Lancement officiel du Télévie Centre Bissen

Le 28 novembre, lors du marché de Noël de Bissen, notre centre Télévie a été officiellement inauguré.

À cette occasion, le comité a été présenté. Il est composé des membres suivants :

Roger Saurfeld, David Viaggi, Marlène Alves, Marc Alen, Kim Godart, Ricky Vieira, Claudine Winkin, Félix Greisch et Lili Martinez.

Le président du comité, Roger Saurfeld, a prononcé le discours d'ouverture, présentant les objectifs du centre : soutenir la recherche contre le cancer avec engagement, solidarité et cœur, tout en favorisant à Bissen la sensibilisation et la cohésion.

Madame Diane Wunsch, coordinatrice du Télévie Luxembourg, nous a également honorés de sa présence lors de ce bel événement.

Au cours de la soirée, notre ballon Télévie a été présenté — il survolera le site Télévie le 18 avril lors de la grande journée.

Sur notre chaîne YouTube « Bissen TV », vous pouvez regarder une belle vidéo récapitulative de cette soirée de lancement.

Vous pouvez également scanner le code Payconiq pour faire un don instantané.

Nous vous remercions chaleureusement et espérons vivre ensemble une journée Télévie réussie et mémorable le 18 avril 2026.

Offizielle Lancement vum Télévie Zenter Biissen

Den 28. November, um Biisser Chrëschtmaart, gouf eisen Télévie-Zenter offiziell lancéiert.

Bei dëser Geleeënheet gouf eise Comité virgestallt, deen aus dëse Membere besteet: Roger Saurfeld, David Viaggi, Marlène Alves, Marc Alen, Kim Godart, Ricky Vieira, Claudine Winkin, Félix Greisch a Lili Martinez.

De Roger Saurfeld, President vum Comité, huet bei dëser Occasioun d'Ouvertureried gehalen an d'Zil vum Zenter virgestallt: mat vill Engagement, Zesummenhalt an Häerz d'Fuerschung géint de Kriibs ze ënnerstëtzen an esou Sensibiliséierung, awer och Solidaritéit zu Biissen ze förderen.

Och d'Diane Wunsch, Coordinatrice vum Télévie Lëtzebuerg war zu Biissen fir dëse flotten Event.

Deen Owend gouf dann och genotzt fir eisen "Télévie Ballon" ze präsentéieren, dee mir och op eisem groussen Dag den 18. Abrëll iwwert dem Télévie Site fléie loossen.

Op eisem Youtube Kanal "Bissen TV" fannt Dir ee flotte Video, deen dëse speziellen Owend zesummefaasst an de Lancement nach eng Kéier weist.

Weider Informatiounen / *Plus d'informations*

televie@bissen.lu

Projeten an der Gemeng Biissen

An eiser Gemeng lafen am Moment allerlee Projete parallel. Hei fannt Dir eng kuerz an einfach lwwersiicht doriwwer, wat grad wou geschitt a wat et Neies dozou ze erziele gëtt.

1. Waasserbaseng

De Projet vum neie Waasserbaseng um Wobierg ass offiziell ugelaf. D'Aarbechte komme gutt virun. Déi éischt Réseaue goufe geluecht an de Radier ass gegoss. Nächst Joer geet et da mat de Betonéirungsaarbechte weider, direkt uschléissend start dann déi zweet Phase vun de Réseausaarbechten.

2. Park "An der Bléi"

Beim Park "An der Bléi" geet et elo an déi lescht Phase: De Rescht vun de Planze gëtt am Fréijoer gesat, an de Bau vun enger neier Spillplaz gëtt lancéiert. D'Aweiung vum Park ass fir d'Fréijoer virgesinn.

3. Gemengenatelier

Och um Chantier vum neie Gemengenatelier geet et gutt virun. De Réibau aus Holz ass mëttlerweil fäerdeg, an domat ass déi strukturell Etapp ofgeschloss. Am Ufank vum neie Joer ginn déi elektresch a sanitär Installatioune gemaach, an och d'Fenstere wäerte bis dohi montéiert ginn.

4. Campus Scolaire

Um Campus Scolaire ass ee groussen Deel vun der Fassade vun der Grondschoul, genee wéi den Daach, scho fäerdeg. Och d'technesch Aarbechten am Gebai, wéi d'Elektrescht an d'Ventilatioun, komme gutt virun.

5. Réaménagement Grand-Rue

An der Grand-Rue kommen d'Aarbechte wéi geplangt virun. Den éischten Deel vun de Réseauen ass verluecht. Nom Kollektivcongé am Wanter ginn da weider Tranchéeë gezunn, fir och de Rescht u Réseauen ze verleeën. Direkt uschléissend kann dann de Stroossenuewerbau realiséiert ginn , esou datt d'Grand-Rue am Fréijoer erëm fir de Verkéier opgoe kann. Dës Aarbechte wäerten zu enger däitlecher Verbesserung vun der Infrastruktur an dem Erscheinungsbild vun der Haaptstrooss bäidroen.

Projets dans la commune de Bissen

Dans notre commune, plusieurs projets se déroulent actuellement en parallèle. Vous trouverez ici un aperçu clair et simple de ce qui se passe, où cela se passe, et quelles sont les nouveautés à ce sujet.

1. Bassin d'eau

Le projet du nouveau bassin d'eau au Wobierg a officiellement démarré. Les travaux avancent bien. Les premiers réseaux ont été posés et la dalle de fondation a été coulée. L'année prochaine, les travaux de bétonnage se poursuivront, suivis directement par la deuxième phase des travaux relatifs aux réseaux.

2. Parc "An der Bléi"

Le parc "An der Bléi" entre maintenant dans sa dernière phase : le reste des plantations sera réalisé au printemps, et la construction d'une nouvelle aire de jeux sera lancée. L'inauguration du parc est prévue pour le printemps.

3. Atelier communal

Les travaux du nouvel atelier communal avancent également bien. Le gros œuvre en bois est désormais terminé, marquant la fin de la phase structurelle. Au début de la nouvelle année, les installations électriques et sanitaires seront effectuées, et les fenêtres seront également montées d'ici là.

4. Campus scolaire

Sur le campus scolaire, une grande partie de la façade de l'école fondamentale ainsi que le toit sont déjà achevés. Les travaux techniques à l'intérieur du bâtiment, tels que l'électricité et la ventilation, progressent également bien.


5. Réaménagement de la Grand-Rue

Les travaux dans la Grand-Rue avancent comme prévu. La première partie des réseaux a été posée. Après la pause hivernale du congé collectif, d'autres tranchées seront creusées pour achever la pose des réseaux restants. Ensuite, la structure de la chaussée sera réalisée, de sorte que la Grand-Rue puisse rouvrir à la circulation au printemps. Ces travaux apporteront une nette amélioration des infrastructures et de l'aspect général de la rue principale.













De Minister Max Hahn zu Biissen op Visite

Austausch iwwer Nohaltegkeet, Mobilitéit an Zesummenaarbecht

Den 10. September war de Minister Max Hahn zu Biissen op Besuch, fir déi verschidde Servicer vu sengem Ministère virzestellen – Servicer, déi och fir d'Gemeng interessant Méiglechkeeten ubidden, besonnesch am Beräich vun der nohalteger Entwécklung, Mobilitéit an Energieeffizienz. An engem oppene Gespréich mat de Vertrieder vun der Gemeng goufen Iddien a Méiglechkeeten diskutéiert, wéi d'Gemeng vun de Programmer vum Ministère profitéiere kann, fir zukünfteg Projeten ëmzesetzen. Virum offiziellen Deel huet de Minister, zesumme mat eise Schäffen an dem Buergermeeschter, eng kleng Stäerkung beim Cyclo Croc' Biissen genoss – eng Initiativ, déi fir inklusivt Aarbechtsëmfeld a lokalen Zesummenhalt steet. Nieft engem leckere Menü war dëse Moment virun allem eng flott Geleeënheet fir sech an engem gemittleche Kader auszetauschen. Dës Aktioun huet gewisen, wéi lokal Projeten a sozial Engagement Hand an Hand ginn.

E grousse Merci un de Minister fir d'Visite a fir säin Interessi un eiser Gemeng!

Le 10 septembre, le ministre Max Hahn était en visite à Bissen pour présenter les différents services de son ministère – des services offrant également à la commune de belles opportunités, notamment dans les domaines du développement durable, de la mobilité et de l'efficacité énergétique. Lors d'un échange constructif avec les représentants communaux, plusieurs idées et pistes de collaboration ont été évoquées en vue de futurs projets. Avant le programme officiel, le ministre, accompagné des échevins et du bourgmestre, a partagé un moment convivial au Cyclo Croc' Bissen – une belle initiative locale favorisant l'inclusion et la cohésion sociale. Outre le repas délicieux, cette rencontre fut un agréable moment d'échanges et d'ouverture, illustrant parfaitement la complémentarité entre projets sociaux et engagement communal.

Un grand merci au ministre pour sa visite et l'intérêt porté à la commune de Bissen !

Fir eis Valorlux-Tuten

Eng kleng Iddi fir eng propper Gemeng

De 6. Oktober 2025 huet d'Gemeng Biissen eng nei praktesch Initiativ ëmgesat: d'Installatioun vu spezielle Réng un e puer Luuchtepottoen, déi geduecht sinn, d'Valorlux-Tute kuerz virun der Ofhuelung opzehänken. Mat dëser klenger, awer efficacer Moossnam gëtt verhënnert, datt d'Tuten duerch de Wand fortgedroe ginn oder Stroossen a Trëttoire blockéiert ginn. D'Reaktioune vun de Bierger waren duerchwee positiv, well dës Réng eng einfach a clever Léisung fir en alldeegleche Probleem ubidden. D'Gemeng hat d'Awunner och agelueden, sech ze mellen, falls si gären esou e Rank an hirer Strooss hätten. Natierlech gouf doropper higewisen, datt d'Tuten net schonn Deeg am Viraus sollten opgehaange ginn – fir datt d'Stroosse propper a fräi bleiwen. Eng kleng, awer wichteg Initiativ, déi d'Gesamtbild vum Duerf verbessert an d'Nohaltegkeet am Alldag ënnerstäicht.

Le 6 octobre 2025, la Commune de Bissen a mis en place une nouvelle mesure pratique : l'installation d'anneaux sur plusieurs lampadaires afin de permettre d'accrocher les sacs Valorlux juste avant leur collecte. Cette solution simple a permis d'éviter que les sacs ne s'envolent ou n'encombrent les trottoirs et les routes en attendant le passage du camion.

Les habitants ont accueilli cette initiative avec enthousiasme, reconnaissant son utilité et son efficacité au quotidien. La commune avait d'ailleurs invité les résidents à la contacter s'ils souhaitaient bénéficier d'un anneau dans leur rue. Il a également été rappelé que ces anneaux ne devaient pas servir à suspendre les sacs plusieurs jours à l'avance, afin de préserver la propreté et l'ordre dans l'espace public. Une petite action, mais un grand pas vers plus de durabilité et de confort de vie à Bissen.



Renaturéierung vun der Atert - e wichtege Schrëtt fir d'Natur zu Biissen





Den 30. September 2025 konnt d'Gemeng Biissen zesumme mam Sicona – Naturschutzsyndikat e bedeitende Projet ofschléissen: d'Renaturéierung vun der Atert. Mat dësem Projet gouf e wichtege Bäitrag fir de Schutz vun der Biodiversitéit an d'Verbesserung vum natierleche Waasserlaf geleescht.

Duerch déi geziilten Aarbechte konnt d'Atert erëm méi no un hiren urspréngleche Verlaf bruecht ginn, wat net nëmme fir d'Déieren- an d'Planzewelt positiv Auswierkungen huet, mee och fir den Héichwaasserschutz an d'Liewensqualitéit an eiser Regioun.

D'Gemeng huet dëse Schrëtt als en zäitgeméissen an nohaltege Bäitrag zum Erhale vun eiser Natur begréisst. Si hat all Bierger häerzlech invitéiert, de Projet bei der Foussgängerbréck ze besichen a sech selwer en Androck vun dëser erfollegräicher Renaturéierung ze maachen.

Le 30 septembre 2025, la Commune de Bissen, en collaboration avec le Sicona – Syndicat pour la protection de la nature, a mené à bien un projet majeur : la renaturation de l'Attert. Ce projet a permis de redonner à la rivière un cours plus naturel favorisant la biodiversité, l'équilibre écologique et la prévention des inondations. Grâce à ces aménagements, la qualité du milieu naturel a été nettement améliorée, offrant un espace plus vivant et harmonieux pour la faune, la flore et les habitants. La commune s'est dite fière d'avoir contribué à cette démarche durable et innovante. Les citoyens étaient invités à venir découvrir le site, accessible depuis la passerelle piétonne, et à constater les résultats de cette belle réalisation en faveur de la nature.





Mobilitéitswoch 2025 – Mobilitéit fir Jiddfereen





D'Mobilitéitswoch zu Biissen stoung och dëst Joer am Zeeche vun der Beweegung, dem Zesummenhalt a vun der Nohaltegkeet. Mat engem ofwiesslungsräiche Programm gouf den Awunner d'Méiglechkeet gebueden, Mobilitéit op eng nei a bewosst Aart ze erliewen.

La Semaine de la Mobilité à Bissen a une nouvelle fois mis en évidence le mouvement, la convivialité et le développement durable. Grâce à un programme varié, les habitants ont pu découvrir la mobilité sous un angle participatif et enrichissant.

Dag 1 - Trëppeltour 3. Alter – "Biisser Bësch fréier an haut"

De 16. September gouf et ee flotten Trëppeltour iwwert de Komfort-Wanderwee zu Biissen , mat enger interessanter Féierung vun eisem Fierschter Serge Reinardt. Et war e schéinen Nomëtten, wou d'Participante vill iwwert eise Bësch geléiert an déi herrlech Natur genoss hunn.

Le 16 septembre, une belle promenade guidée par notre garde forestier Serge Reinhardt sur le « sentier confort » de Bissen a eu lieu. Ce fut un après-midi agréable, riche en découvertes et en moments conviviaux en pleine nature.

Dag 2 - Aweiung vun de Parkaueren a Coffee to go

De 17. September moies tëscht 7 an 9 Auer hu vill Leit vun engem leckere Kaffi an enger gudder Mëtsch bei der Gemeng profitéiert. Am Nomëtteg goufen d'Parkaueren an der Zone industrielle feierlech ageweit, an als Ofschloss gouf et e Patt am 'Golden Grape'.

Le matin, entre 7h et 9h, de nombreuses personnes ont profité d'un délicieux café et d'une bonne viennoiserie devant la commune. L'après-midi, les horodateurs ont été officiellement inaugurés sur le site de la Zone industrielle, et pour conclure la journée, un verre de l'amitié a été offert au 'Golden Grape'.

Dag 3 - Konferenz mam Dr. Prof. Schwarz

Den 18. September huet den Dr. Prof. Rolf Schwarz am Wonerbatti eng interessant Konferenz iwwert d'Bedeitung vun der Beweegung bei Kanner gehalen an erkläert, firwat si entscheedend fir hir Entwécklung ass. Duerno gouf et eng Diskussiounsronn an e Patt an enger gemittlecher Atmosphär.

Le 18 septembre, le Dr. Prof. Rolf Schwarz avait animé au Wonerbatti une conférence passionnante sur l'importance du mouvement chez les enfants et son rôle essentiel dans leur développement. La soirée s'est poursuivie par une discussion et un moment convivial autour d'un verre.



Dag 4 - Mam Vëlo an d'Schoul & Scooterloop!

De Kanner weisen, wéi se richteg mat den Trottinette fueren

Am Kader vun der Mobilitéitswoch hunn d'Primärschoulskanner de 17., 18. an 19. September, zesumme mam Dr. Prof. Rolf Schwarz, um Scooterloop am Frounert eng flott Sportstonn verbruecht. Déi mobil Anlag fir Trottinetten, Rollschong a Skateboards huet fir vill Beweegung a Spaass gesuergt. Och an der Fräizeit gouf de Scooterloop vill benotzt – ëmmer ënnert der Opsiicht vun den Elteren.

Dans le cadre de la Semaine de la Mobilité, les élèves de l'école primaire ont profité les 17, 18 et 19 septembre, accompagnés du Dr. Prof. Rolf Schwarz, d'une séance de sport sur le Scooterloop du Frounert. Cette installation dédiée aux trottinettes, rollers et skateboards a offert aux enfants un beau moment de mouvement et de plaisir. Le Scooterloop a également été largement utilisé pendant les loisirs, sous la surveillance des parents.

Dag 5 - Waasserdag

Am Kader vun der Mobilitéitswoch an de Klimapakt-Assisen hat d'Gemeng Biissen en informativen a praktesche Waasserdag organiséiert! Zum Klimaschutz gehéiert och déi perséinlech Virsuerg – a genee dorëms ass et dësen Dag gaangen. D'Participanten haten d'Geleeënheet ze léieren, wéi ee sech mat praxiserprobte Konzepter géint Iwwerschwemmungen a staarke Reen schütze kann.

Den Dagesprogramm huet um 11 Auer ugefaangen a besteet aus Neiegkeeten iwwert de Fortschrëtt vum Klimapakt, praxiserprobte Konzepter fir déi perséinlech Virsuerg, zwee Virträg vum Planungsbüro Hömme GbR an dem Büro Inca, souwéi enger Ofschlossdiskussioun fir Froen an Ureegungen. Zousätzlech konnt een den Infomobil vum HochwasserKompetenzCentrum Köln (HKC) am Frounert besichen. Mat derbäi waren och déi Biisser Pompjeeën, déi fir vill wäertvoll Informatioune gesuergt hunn.

Am Wonerbatti goufen och déi schéi Biller ausgestallt, déi d'Kanner aus der Maison Relais am Summer zum Theema Héichwaasser an Iwwerschwemmunge gemoolt hunn.

Et war en immens interessanten an informativen Dag, deen de Klima- a Waasserschutz an de Mëttelpunkt gesat huet.

Dans le cadre de la Semaine de la Mobilité et des Assises du Pacte Climat, la Commune de Bissen avait organisé une journée de l'eau très instructive et pratique. La protection du climat passe aussi par la prévention individuelle – et c'est précisément ce dont il a été question ce jour-là. Les participants ont pu découvrir des concepts concrets et éprouvés pour se protéger contre les inondations et les pluies intenses.

Le programme de la journée a débuté à 11 heures et comprenait des actualités sur l'avancement du Pacte Climat, des concepts pratiques pour la prévention individuelle, deux conférences présentées par le bureau de planification Hömme GbR et le bureau Inca, ainsi qu'une discussion finale dédiée aux questions et suggestions.

Les visiteurs ont également pu découvrir l'Infomobile du HochwasserKompetenzCentrum de Cologne (HKC) au Frounert, ainsi que les pompiers de Bissen, présents pour informer et conseiller. Au Wonerbatti, les dessins réalisés durant l'été par les enfants de la Maison Relais sur le thème des inondations étaient exposés.


Ce fut une journée riche en échanges et en découvertes autour du thème essentiel de la gestion de l'eau et de la protection du climat.

Dag 7 - Blann am Verkéier

Zesumme mat der Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung hat d'Gemeng Biissen en informativen Owend zum Theema "Blann am Verkéier" organiséiert. D'Participanten haten d'Geleeënheet, um Parcours ze erliewen, wéi et ass, blann ënnerwee ze sinn an ze léieren, wéi een engem Blannen am Alldag sécher hëllefe kann. Zum Schluss gouf et am Wonerbatti e klenge Patt a Schnittercher, wou ee sech nach gemittlech austausche konnt.

En collaboration avec la Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung, la Commune de Bissen avait organisé une soirée dédiée au thème "Aveugle dans la circulation". Les participants ont pu découvrir, à travers un parcours pratique, ce que ressent une personne non-voyante et comment lui apporter une aide adaptée et sécurisée. La soirée s'est clôturée au Wonerbatti autour d'un verre de l'amitié et de quelques amuse-bouches dans une ambiance conviviale.









Reportagen & Interviews

WWW.BISSEN.TV







Bis'Talk mam Daniel Horsmans

Wéi laang bass du scho Member bei de Pompjeeën zu Biissen, a wéi huet deng Rees als fräiwëllege Pompjee ugefaangen?

Als klenge Bouf sinn ech emmer mäi Papp bei d'Pompjeeë besiche gaangen, weess nach datt hie sonndes ëmmer seng gréng Uniform ugedoen huet, mam giele Pullover a mam Béret. Op de Pompjeesfester hu mer als Kanner mat gehollef. Samschdes ass den alen "Ford Transit" mam Victor Jim ëmmer duerch d'Duerf gefuer, als Probefaart, a sou sinn ech dunn ëmmer méi infizéiert gi vum "Pompjees-Virus".

Ech sinn 1989 zu Biissen an d'Jugendpompjeeë gaangen, ënnert dem Kommandant Dasbourg Paul. Ech sinn du kuerz duerno bei déi Erwuessen erop gewiesselt, wou ech dunn duerch verschidde Grondformatioune gaange sinn.

Ech hu 1994 d'Leedung vun de Jugendpompjeeë Biissen iwwerholl, beim Kommandant Horsmans Louis. Dëst Amt hunn ech 20 Joer laang bekleet.

1994 sinn ech och an de Comité vum Veräin agetrueden, dëst bis haut.

Am Joer 2000 sinn ech Sektioun Chef ginn, wou ech dunn ugefaangen hunn, éischt Equippen am Asaz ze leeden. Am Joer 2008 sinn ech dunn zum Ënner-Kommandant vun de Pompjeeën ernannt ginn.

2011 hunn ech dunn de Kommandant bei der Gemeng Biissen iwwerholl, an 2018 sinn ech dunn zum CIS Chef ernannt gi vum CGDIS, dëst sinn ech bis haut.

Wat motivéiert dech all Dag, dech fir d' Gemeinschaft anzesetzen?

Ech géing soen, der Gemeinschaft ze hëllefen, de Leit hire Merci, wann een hinne konnt hëllefen, ass dat wat eis motivéiert all Dag de Menschen an Déieren an Nout ze hëllefen.

Kanns du eis e bësse méi iwwert deng Aufgab als Responsabel vun der Kasär soen?

De Responsabel vun enger Kasär ass een net eleng. Do drënner gehéiert eng Féierungsequipe, déi enk mam Chef zesumme schafft. Doderzou kënnt eng Mannschaft, déi zesumme mat de Responsabele schafft, fir d'Kasär oder de "CIS", wéi se nach genannt gëtt, ze leeden.

Dëst bei Aufgaben, wéi déi 173 Asätz am Joer, déi gefuer ginn (Zuel ass vum Joer 2024), 25 Übungen am CIS Biissen organiséieren, an zousätzlech Formatiounen op der Pompjeesschoul "INFS" koordinéieren, 28 Jugendpompjeeë förderen a koordinéieren, mat de Jugendleiter an Helfer, Material / Fuerpark / Wartung vum Gebai, mat der Hëllef vun der Gemeng Biissen a mam CGDIS zesummen organiséieren. Wichteg ass, eist Team ze koordinéieren an den Zesummenhalt ze förderen.

Wéi gesäit en typeschen Dag/Weekend Asaz oder en Asaz fir d'Pompjeeën hei zu Biissen aus?

D'Leit schreiwe sech op eng Permanence Lëscht an, iwwert PC oder Handy, a melle sech sou disponibel fir Déngscht ze maachen. Dat verlaangt, innerhalb vun e puer Minutten am Pompjeesbau ze sinn, wann een Asaz ass. Dobäi kommen am Joer ronn 500 bis 600 Stonne pro Pompjee zesummen.

Wann de Piipsert geet, loosse mir alles falen, den Hond bleift stoen, de Beton bleift leien, da gëllt keng Famill, a mir sinn ënnerwee an de Pompjeesbau. Am Bau gëtt sech da fir First-Responder oder de Pompjeesasaz ugedoen, an d'Gefierer gelaf, Dokumenter vum Asaz matgeholl, Funk ugemeet, a lass gefuer. Op der Faart gëtt dat taktescht Virgoe scho beschwat, weider Infoe bei der 112 Noutruff Zentral gefrot.



Op der Plaz muss een dann, egal wéi schlëmm d'Situatioun ass, probéieren, rouege Kapp ze behalen, an an der Equipe, zesummen, den Asaz meeschteren.

Jo, et ka sinn, datt et nëmmen eng Kaz ass, déi gehollef kritt, mee jo och tragesch Akzidenter, wou mer leider net ëmmer de Leit konnten dobaussen hëllefen, sinn derbäi. Oder First-Responder Asätz, déi mer zesumme mam Samu an der Ambulanz "RTW" ofhalen.

Dës betrëfft awer net nëmme just eist Duerf. Am Joer 2024 ware mer a 34 aneren Uertschaften am Land aktiv, als Pompjeeë Biissen (CIS Biissen), fir ze hëllefen.

Nom Asaz ass da virum Asaz. Wa mer zeréck kommen, maache mer d'Geschier, de Fuerpark an eist Gezei erëm an d'Rei. Dëst, datt den nächste Bierger, deen an Nout ass, erëm déiselwecht Qualitéit vun der Pompjeeshëllef kréie kann.

Meeschtens maache mer nach eng Nobespriechung, jo déi kann och mol méi laang daueren, si ass awer wichteg fir eis Equipe, well jiddereen den Asaz sou besser verschaffe kann.

Wéi kann ee Veräin oder Organisateur vun engem Event bei iech är Servicer fir een Event ufroen?

Veräiner mussen eng Demande beim CGDIS maachen (https://112.public.lu/fr/urgences/ambulances.html)

Déi Responsabel an der Stad préiwen, ob et bei deem Event néideg ass, datt Leit vum CGDIS Präsenz solle weisen oder net. Wann dat de Fall ass, da komme mir eréischt als CIS Biissen mat an d'Spill an organiséieren dann d' Detailer mam Veräin.

Wéi eng Ausbildung oder Formatioun kritt een als neie fräiwëllege Pompjee an der Lokalsektioun zu Biissen?

Et fänkt een u mat enger 1. Hëllef Formatioun. Duerno kommen déi lokal Formatiounen, all zweete Méindeg zu Biissen am Pompjeesbau, derbäi.

Formatioun am Pompjees Wiesen oder am First-Responder Beräich "FIS 1/2/3/ SAP 1" ginn et der méi op der Pompjeesschoul, dëst zum Chef de Section, zum Maschinisten, zum Kran Chauffeur etc. Ee Pompjee, den ufänkt, brauch +- 6-9 Méint fir seng Grondformatiounen ze maachen, +- 3 Joer fir ee gutt forméierte Pompjee ze sinn.

Wat sinn deng schéinsten oder beweegenst Erfarunge wärend denger Zäit bei de Pompjeeen?

Déi schéinste Momenter sinn, wann een Dankbarkeet vun de Leit spiert, deenen ee gehollef huet. Dat geet u bei engem eelere Mënsch, dee gefall war, an deem mer gehollef hunn, erëm opzestoen.

Markant waren: de Brand 1990 an der Metzlerei zu Biissen / 1996 Feier op der ARBED vum Onduleur / 2002 de Luxair Fliger deen erofgefall ass / Schwéier Akzidenter an der Gemeng Biissen am gesamten Zäitraum / 2011 Brand vun der Firma Dussmann / 2022 Feier zu Dikrech vun der Brauerei / 2025 Groussbrand vum Bamburi op der Goodyear.

Wéi wichteg ass den Teamgeescht an den Zesummenhalt ënnert de Kolleeginnen a Kolleegen ?

Et gëtt ee Sproch, "EE FIR ALL AN ALL FIR EEN", dee stoung um 3. Fändel vun de Pompjeeën, dësen ass am Biisser Pompjee-Musée. De Fändel ass vun 1946. De Sproch gëllt haut nach ëmmer, a mir halen en nach ëmmer héich.

Wat géifs du engem soen, deen nach zéckt, sech als fräiwëllege Pompjee ze engagéieren?

Ma komm laanscht kucken, a kuck der u wee mer sinn, wat mer maachen, wou mer sinn, a probéier et aus, ophale kann een ëmmer, a wann ee bis an de Genoss vum Merci komm ass, da loossen déi meescht net méi lass.



Wéi vill Fräizäit muss ee bereet sinn ze investéieren, wann ee bei de fräiwëllege Pompjeeë matmécht?

Dëst ass ganz ënnerschiddlech, als normale Pompjee investéiert een ëm déi 80 -100 Stonnen dran, ouni Permanencen. Als Responsabel sinn et séier tëschent 500 bis 1000 Stonnen, déi een an Zäit dra stécht. Mee dat kann ee sech andeelen, wéi wäit ee wëll an der Hierarchie vun de Pompjeeën an dem CGDIS goen.

Wéi gesäis du an Zukunft d' Roll vun de fräiwëllege Pompjeeën an eiser Gesellschaft?

Den "Volontaire Pompjee" bleift weider den Haaptpilier vum CGDIS, dem Rettungsdéngscht zu Lëtzebuerg. Sou Pompjeeswaachen, wéi déi vu Biissen, si wichteg Standbeen, fir datt Leit séier an adäquat gehollef kréien.

Dëst geet awer nëmmen, wa genuch Leit aus der Gemeng bereet sinn, sech am Rettungsdéngscht ze engagéieren. Et ass awer am Moment, zemools vu Corona un, ëmmer méi schwéier ginn, nei Leit ze rekrutéieren.


Ech mengen awer, kee wéilt, datt, wann een Hëllef brauch, de Piipsert geet, an trotz där schéiner Kasär , mat deem gudde Material a Camionen, no 1 Stonn nach ëmmer kee vun de Pompjeeën ënnerwee op den Asaz wier. Dëst bei dengem Papp, denge Kanner, denger Fra, Bomi, Noper etc, eise Leit vu Biissen a ronderëm, déi dann all net gehollef kréichen.

Duerfir komm maach och du mat, an hëllef eis, datt eis Ween ëmmer besat eraus op den Asaz fueren.

Merci am Viraus fir deng Hëllef, mell dech bei eis op der Emailadress: **chefcis@bissen.lu**



Kuckt hei de Video



REPORTAGEN & INTERVIEWS
/ Reportage

Biisser Geschichtsfrënn asbl

Wee si mir?

D'Biisser Geschichtsfrënn ASBL gouf den 22. Januar 2025 gegrënnt, fir d'Geschicht vu Biissen, säi Patrimoine a seng Kultur ze erhalen an ze förderen.

Wéi wëlle mir dës Ziler erreechen?

- Recherchéiere vun der Geschicht vun der Gemeng Biissen a vu sengen Awunner;
- Identifizéieren, Katalogiséieren a Sammele vun alen Dokumenter an Objeten, déi mat der Biisser Lokalgeschicht ze dinn hunn;
- Erënneren u Perséinlechkeeten, déi aus der Biisser Gemeng stamen oder hei gelieft hunn;
- Erënneren un historesch Eventer, déi hir Spuer op lokalem, nationalem oder internationalem Niveau hannerlooss hunn;
- Zesummenaarbecht mat der Biisser Gemeng;

Mir brauchen Är Hëllef.

Mir sichen al oder nei Fotoen, Kaarten, Rechnungen, Bréifëmschléi, Dokumenter, Brochuren, Flyer, Gadgeten, gemoolte Biller oder aner Saachen iwwer respektiv vu Biissen.

Dir maacht d'Fréijoersbotz an Ärem Haus oder raumt Äre Keller oder Späicher? Hutt Dir dobäi eppes vu Biissen fonnt? Geheit näischt ewech, mellt iech bei engem Member vun de Biisser Geschichtsfrënn.

Mir si frou fir alles, wat Dir eis kënnt ginn oder léinen, fir datt mir eng Kopie, eng Foto oder e Scan dovu kënne maachen.

Interesséiert fir matzeschaffen?

Dir sidd ganz häerzlech wëllkomm, an all Hëllef, Ënnerstëtzung ass wäertvoll. Mellt iech heifir w.e.g. bei engem Kommiteesmember.

De Kommitee vun de Geschichtsfrënn seet lech Merci fir Är Ënnerstëtzung.



Kommitee:

President: Camille Schroeder
23, Route de Mersch, L- 7780 BISSEN
TEL: 621 187 892

Sekretär: Frank Clement
8, Am Grënnchen, L -7778 BISSEN
TEL: 621 146 668

Tresorier: Carlo Mulbach
12, Am Brill, L-7774 BISSEN

Weider Membere vum Kommitee:
John Feith a Georges Lucius



Café & Coiffure Raths, eng Biisser Geschicht

Deel 2

Festiessen am Café Raths den 3. Oktober 1960 bei Geleeënheet vun der Feier vun 100 Joer Kierch an 1000 Joer Por Biissen, mat, am Nomëtteg, der Aweiung vun der neier Schoul. Vu l. no r. : Ernest Lucius, Schäffen, Aloyse Meyers, Paschtouer vu Biissen, Charles Stoffel, Buergermeeschter, Pierre Gregoire, Kultusminister, Léon Lommel, Bëschof vu Lëtzebuerg, Dr. Henri Sinner, Deputéierte vum Kanton Miersch, Ernest Engel, Schäffen, Jean Engel, fréiere Buergermeeschter.

Am éischten Deel vun dëser Reportage iwwer d'Famill Raths vu Biissen, hu mir iwwer den Ufank mam Nic Raths geschwat, d'Krichsjoren an d'Entwécklung vum Coifferssalon bis zum Héichpunkt mat der Ernennung vum Marcel Raths zum Coiffeur de la Cour am Joer 1975 a vum Coifferssalon zum Fournisseur de la Cour am Joer 2001. Nieft dem Coifferssalon gouf et awer och de Café Raths an den Danzsall, wou sech wärend Joerzéngten e groussen Deel vum soziale Liewe vu Biissen ofgespillt huet.

De Café Raths an den neien Danzsall

Mir ginn zeréck an d'Joer 1959, wou dat ganzt Gebai Raths renovéiert gouf. De Coifferssalon koum an den Deel vum Gebai an der Groussgaass, mat der grousser Vitrinn a rechts dernieft der Entréesdier. De Café ass nei gemaach ginn an d'Nieweraim goufen ausgebaut zu engem, fir déi deemoleg Zäit groussen Danzsall. Heifir koum d'Dalle zum éischte Stack ewech, sou dass déi zwéin Niveauen, Rez-de-chaussée an Etage, zesummen ee grousse Raum goufen, den neien Danzsall. Fir den Orchester gouf eng Bün amenagéiert an un der Mëtt vum Plaffong ass eng Kugel befestegt ginn, mat lauter klenge Spigelen. Beim sougenannten Tango, wéi deemools déi lues Dänz genannt goufen, sinn déi meescht Luuchten am Sall ausgemaach ginn. D'Kugel huet gedréint a gouf vun zwee Spotte beliicht, wouduerch d'Spigelen d'Liicht reflektéiert a kleng Stären un d'Mauer geworf hunn.

Am Café selwer ass dat normaalt Duerfliewe weider gaangen. Déi Zäit hunn d'Politiker sech gären ënnert d'Leit gemëscht a sou huet een dacks am Café Raths den CSV Politiker a laangjärege Minister Pierre Gregoire begéint. De Pierre Gregoire war vu Viichten an dem Marcel Raths säi Koseng. Zur selwechter Zäit hat de Staatsminister Pierre Werner e Weekendhaus um Stauséi a wann hie sonndes owes heem an d'Stad gefuer ass, blouf hien des Ëfteren zu Biissen am Café Raths stoen, et louch jo um Wee. Zoufälleg war och säi Ministerkolleeg Pierre Gregoire am Café. Déi zwéin hu matenee geschwat, well se sech jo aus der Regierung kannt hunn. Wéi zoufälleg déi Treffe waren a wat si do geschwat hunn, sief dohigestallt.

Weiderentwécklung zum Restaurant oder net

Déi Zäit war villes a Beweegung an d'Fro huet sech gestallt, ob een eventuell a Richtung Restaurant sollt goen. An de Sechzeger a Siwwenzeger Joren hunn d'Jeeër sech vu September bis Mäerz am Café Raths getraff. Sonndes moies hat d'Juegdgesellschaft am Café eng Versammlung an no der Juegd koum si zeréck fir d'Nuechtiessen. D'Juegdpiechtere Kerschenmayer a Rodigiero waren trei Clienten.

Och bei anere Geleeënheete war d'Iessen am Café Raths. Den 3. Oktober 1960 huet Biissen 100 Joer Kierch an 1.000 Joer Por gefeiert. Gläichzäiteg ass déi nei Schoul ageweit ginn. D'kierchlech Zeremonie war moies an d'Aweiung vun der Schoul mëttes. Dertëscht gouf et e Festiessen am Café Raths. Gäscht waren ënnert aneren, nieft dem Biisser Schäfferot, de Bëschof vu Lëtzebuerg Léon Lommel, de Kultusminister Pierre Gregoire an den Dr. Henri Sinner, Deputéierte vum Kanton Miersch.

D'Famill Raths huet festgestallt, dass si net gutt opgestallt wier, fir méi déif an d'Restauratioun ze goen. Et war een ze vill op extern Hëllef ugewisen, wouduerch de Betrib sech net richteg rentéiert huet. Aus deem Grond huet si decidéiert, d'Restauratioun falen ze loossen a sech op d'Stammgeschäfter, also de Coifferssalon an den Danzsall, ze konzentréieren.

Den Danzsall

De Café Raths hat e schéinen Danzsall, mee am Ufank war net all ze vill Aktivitéit. De Marcel huet sech iwwerluecht, wat maachen, fir dass méi Leit kommen. Fir d'éischt huet hie gemengt, hie misst d'Identitéit vum Danzsall méi ervir hiewen. Duerfir kruten d'Plakater fir d'Danzowenter grafesch ëmmer deeselwechten Design, just den Datum huet geännert. Dat huet net gegraff. D'Leit hunn d'Plakater meeschtens nëmmen iwwerflächlech gekuckt an, well se d'selwecht ausgesinn hunn, hunn si gemengt, et wier datselwecht Evenement. Et ass kengem opgefall, dass et en aneren Datum war.

A Gespréicher mat Kolleege vum Sektor huet sech erausgestallt, dass et op den Orchester ukënnt. Duerfir ass de Marcel all Weekend vu Bal zu Bal gefuer, fir d'Orchesteren ze lauschteren. Am Ufank ass hien an de Sall eragaang, huet eppes gedronk a mat de Leit geschwat. Domat konnt hien héchstens zwee Säll den Owend maachen. Duerfir huet hien, no den éischte Versich, d'Orchesteren nëmme méi virun der Dier gelauschtert, fir méi séier virun ze kommen. Schliisslech krut hien den Tipp, hie soll sech den Orchester «Rythm Club» ukucken, déi géife gutt bei de Leit zéien. Hien ass den Orchester lauschtere gefuer op Chrëschtnech. De Rythm Club ass do um Fussballterrain opgetrueden. De Marcel war sou begeeschtert, dass hien de Grupp mat de Musiker Vally, Gusty (Conrad), Nicky a René, op der Plaz engagéiert huet. Dat war déi richteg Schinn. D'Leit sinn elo bei «de Marcel op Biissen» danze komm.

Ee Privatevent am Café Raths. Hei huet ee Manager vun der Goodyear säin Abschid gefeiert. Seng Kolleegen haten eng Fligertrap vun der Luxair komme gelooss. De Manager gouf vun der Trap mat engem Seel erof op ee Kaméil gelooss.



De Festival de la Chanson

1961 ass de Biisser Dëschtennis gegrënnt ginn, an de Marcel Raths war ee vun de Grënnungsmemberen. De Café Raths gouf Clublokal. Wärend den éischte Joren huet den Dëschtennis am Sall trainéiert a Championater ofgehal, bis sech no an no méi gëeegent Raimlechkeete fonnt hunn. Den Dëschtennis war e ganz aktive Veräin. D'Membere ware jonk, si hate vill Iddien a si hunn net gezéckt, dës unzegoen.

Domat komme mir zum Festival de la Chanson. An de 60er Joren hat de Marcel Raths d'Iddi, a sengem Sall e Gesangfestival z'organiséieren. Amateure sollte bekannte Schlagere sangen an d'Publikum de Gewënner wielen. Heifir huet hien e Partner gebraucht an hien huet seng Iddi dem Dëschtennis virgeschloen. De Kommitee vum Dëschtennis war ganz skeptesch. Et konnt kee sech déi Organisatioun sou richteg virstellen. Et war e groussen Opwand an en héije finanzielle Risiko, deen de jonke Veräin net agoe wollt. De Marcel war awer sou iwwerzeegt vu senger Iddi, dass hie sech bereet erklärt huet, de finanzielle Risiko selwer ze iwwerhuelen. Schliisslech ass de Kommitee vum Dëschtennis matgezunn an et gouf ugefaangen z'organiséieren.

De gréisste Probleem war, e gëeegenten Orchester ze fannen. D'Sängerinnen an d'Sänger sollten d'Partiture matbréngen, mee déi mannst haten dat néidegt Noutematerial, wann iwwerhaapt. Et huet een also en Orchester gebraucht, deen d'Musek op d'Gehéier nospille konnt fir d'Sängerinnen an d'Sänger ze begleeden. Den Orchester sollt och improviséiere kënnen, fir z'iwwerspillen, wann et beim Sangen net geklappt huet, sou dass kee sech blaméiert huet. Et war nämlech sou, dass jiddereen, dee sech gemellt huet, ugeholl gouf. Ee Casting gouf et net. Mat dem Orchester « The Relax Band » vun dem Biisser Museker Jos Schartz, war de richtege Museksgrupp fonnt ginn. Déi konnten dat.

Den éischte Festival huet den 1. Mee 1969 stattfonnt a war een Erfolleg, wéi Biissen en zënterhier net méi erlieft huet. Et war déi richteg Iddi am richtege Moment. Net manner wéi 50 Leit hate sech gemellt, fir ze sangen. Dat Joer drop gouf de Festival opgespléckt. Am Nomëtteg war de Festival des Petites Etoiles fir déi Jonk an owes den Optrëtt vun de Groussen.

Iwwer 1.000 Leit koumen op Biissen fir déi zwee Evenementer, an et hunn der nach eng sëllege missen heem geschéckt ginn, well einfach kee méi an de Sall erakoum. Dee war owes sou vollgestoppt, dass d'Leit op de Fënsterbänke stoungen, mam Réck widder d'Glas vun de Fënstere gepresst. A Punkto Sécherheet gouf sech deemools net vill Suerge gemaach, wat aus haiteger Siicht zwar méi wéi bedenklech ass.

No dem Optrëtt vun de Sängerinnen a Sänger, hunn d'Leit ofgestëmmt. Och eng Jury mam Schoulmeeschter Vic. Kalmes hat Stëmmrecht. Gewonnen huet einfach, wien déi meeschte Stëmme krut. Do gouf et kee Sträit wéinst Jalousie, an et war eng Risestëmmung am Sall. Déi puer Joer duerno war de Festival mat weider groussem Erfolleg am Zelt op der Plaz bei der Atert. Duerno huet d'Manifestatioun sech lues a lues ausgelieft. De leschte Festival war am Joer 1984.

Baler am Café Raths

De Café Raths war lancéiert als Danzsall. Bis 1976 sinn déi Jonk vun no a vu wäit samsdes owes bei de Raths op Biissen komm. Am Ufank huet den Nilles Néckel op der Harmonika gespillt, begleet vu sengem Jong Michi um Piano. Duerno hunn sech eng ganz Partie Orchesteren ofgewiesselt. Mir zitéieren Nelux, The Relax Band, Les Copains, Rythm Club, Twilight Stars, Aimé Scholtes, Los dos Amigos, Waikiki Band, Johny Glesener, Marcel Dax, Dolly Fog, The Foxes, The Players, Rhythm Band, Johny Horn, Blaze Away, Alzetta Quartett a Fernande Pletschette. Vedettë wéi Chris Baldo, Colette & Fernand, Marcel Jander, Hary Haagen, Fernand Fox a Jerry Darnelle sinn opgetrueden. Discoteam Aquarius 52 a Pop Session waren och Begréffer. An d'Veräiner hu sech eppes afale gelooss. Et goufe Summerbaler, Kiermes- an Nokiermesbaler, Hierschtbaler, Niklosbaler, awer och en Eidechsebal, Bensinnsbal, Pampersbal a Pyjamasbal. De Jummdeckelsbal vun der Musek op Fuesméindeg war an alle Caféë vum Duerf, also och am Café Raths.

De Luciesbal

Ee Bal wëlle mir erausgräifen, dee wärend ville Joren e grousse Succès hat. Et ass de Luciesbal, deen ëm den 13.Dezember organiséiert gouf, fir d'éischt vun der Union Cycliste Biissen an duerno vum Club des Jeunes. D'Iddi fir de Bal koum vum Marcel Raths. Hei gouf d'Lucieskinnigin gewielt, eng Uspillung un déi schweedesch Lucieskinnigin, d'Kinnigin vum Liicht. Et gouf just den Numm iwwerholl, mee de Bal selwer hat absolut näischt mat där skandinavescher Traditioun ze dinn. Bei der Entrée kruten d'Leit e Stëmmziedel, an d'Meedercher, déi sech gemellt hu fir de Concours vun der Kinnigin, kruten eng Nummer op de Réck gespéngelt. Iergendwann am Laf vum Owend huet den Orchester zur Wal vun der Lucieskinnigin opgeruff. All Kandidatinne koume mat hirem Partner op d'Piste fir e puer Tier ze danzen, an duerno hunn d'Leit d'Nummer vun deem Meedchen, dat si wiele wollten, op hire Stëmmziedel geschriwwen. Déi goufen agesammelt, d'Stëmme goufe gezielt, an dat Meedchen, dat déi meeschte Stëmme krut, gouf zur Lucieskinnigin ausgeruff. D'Meedercher goufe gekréint vum «Kinnek vu Schweden», gespillt mol vum Alfred Mathgen, mol vun engem Musikant aus dem Orchester oder vun engem Member vum Club des Jeunes. Als Präis krut d'Kinnigin eng Kroun aus gëllegem Kartong, eng Schäerp an e Bouquet Blummen.



Bal am Sall Raths mam Orchester Rythm Club. Vu l. no r. d'Museker Vally, Gusty, Nicky a René.

Heizou nach eng kleng Anekdot. Mir hunn erzielt, dass de Staatsminister Pierre Werner ab und zu an de Café Raths koum. An engem Joer waren um Dag vum Luciesbal Chamberwalen. De Pierre Werner war mëttes am Café, an den Alfred Mathgen koum an d'Gespréich mat him. Heibäi sot hien: «Här Werner, Dir wësst net, wat Dir haut den Owend sidd, mee ech weess ganz sécher, haut den Owend sinn ech de Kinnek vu Schweden.»

D'Kréinung vun der Lucieskinnigin op engem Luciesbal. D'Kinnigin huet mat Virnumm Tilly geheescht an huet zu Biissen gewunnt. Ronderëm d'Kinnigin, vu l. no r. den Aly Weber, de « Kinnek vu Schweden » Alfred Mathgen an den Aly Reding.



Wiener Abend bei Kerzenlicht

D'Kiermes war Héichbetrib am Café Raths. Et kann ee soen, dass deemools d'ganzt Duerf op d'Kiermesplaz koum. An de Caféë war Danzmusek a beim Café Raths waren d'Terrass an de Sall voll besat. De Marcel Raths huet op Kiermesdënschdeg a sengem Sall wärend enger Rei vu Joren ee Wiener Abend bei Kerzenlicht organiséiert. De Sall gouf ausschliisslech mat faarwegen Drëppskäerze beliicht an e war mat Efeu a mat roude Pabeiersrousen dekoréiert. Et sinn eng dausend där Rouse gebraucht ginn, an dem Marcel Raths seng Fra Suzette huet déi alleguerte wärend Méint owes aus Pabeier mat der Hand gedréint. Den Orchester huet haaptsächlech Wiener Musik a Wiener Walzer gespillt. Et ass vill gedanzt gi bei engem gudde Patt, mee et gouf näischt z'iessen. Dass bei sou Manifestatiounen Häppercher zerwéiert ginn, ass réischt méi spéit opkomm. Nei war awer, dass ee sech huet missen eng Plaz am Viraus reservéiere fir de Wiener Owend. Dee koum sou gutt bei de Leit un, dass de Sall ëmmer am Viraus ausverkaaft war.



De Marcel Raths mat senge Meedercher vum Salon am Joer 2011, bei der Feier vun 100 Joer Coiffure Raths.

Nächsten Ëmbau

D'Zäit ass viru gaangen, an 1986 koum déi nächst déifgräifend Veränneru ng. De Coifferssalon gouf vergréissert a krut dräi Anlage fir d'Hoer ze wäschen a fënnef Fotelle fir d'Hoer ze schneiden. De Marcel huet Personal agestallt, an zwar zwou Coiffeusen an zwee Léiermeedercher. Bis dohi war de Salon een Eemannbetrib mat dem Marcel als Coiffer. Seng Fra Suzette huet him gehollef, andeem si de Leit de Kapp gewäsch huet. Si sot dacks schmunzelnd, wa sech am Gespréich am Salon iwwer deen oder dee beklot gouf: «Da muss ech deem och emol de Kapp wäschen.».



Déi lescht Jore war de Salon Raths um éischte Stack vum Neibau op der Nr. 16, rue de l'Attert (lénks op der Foto).

Parallel zur Vergréisserung vum Salon gouf de Betrib am Café zeréckgefuer. Et blouf eng Wirtschaft, déi awer méi e Wartesall fir de Salon war. Baler goufe keng méi ofgehalen, an de Sall gouf nach just sporadesch benotzt fir gréisser Evenementer, wéi fir Kiermessonndegmëtteg, wou nach ëmmer vill Leit op der Kiermes waren, a fir Fester vun der Famill Raths.

Den Ausbau vum Coifferssalon huet derzou gefouert, dass de Marcel Raths 1998 mat 8 Meedercher geschafft huet.

Coiffure Raths am neie Joerdausend

2005 gouf de Cafésbetrib ganz agestallt. De Café Raths krut also 89 Joer. Vun 1916 bis 2005 war hien en Deel vun der Biisser Geschicht. Et goufe mol schwéier Momenter, wéi d'Liewen nun eeben ass, mee et bleiwe ganz vill schéin Erënnerungen.

Dem Marcel Raths seng Fra Suzette ass 2009 gestuerwen. Si stoung hirem Mann wärend 61 Joer duerch déck an dënn zur Säit. Si huet am Hannergrond gewierkt, awer ouni si wier d'Entwécklung vum Café a Salon Raths, an där Envergure, wéi mir se kennen, net méiglech gewiescht.

Am Joer 2016 gouf de Coifferssalon verlagert op den éischte Stack vum Neibau, 16 rue de l'Attert, do wou fréier de Schapp vun der Famill Raths stoung. De Marcel Raths blouf, sengem Alter entspriechend, weider aktiv, a bis zu sengem Doud den 29. Februar 2020, war hien all Dag a sengem Salon. De Coifferssalon Raths ass och den 29. Februar 2020 opgeléist ginn. 2021 ass d'Haus Raths un d'Gemeng verkaaft ginn.

Pol Schummer

Sourcen: Gespréich mam Gaston Raths an Archive vun der Famill Raths
Fotoen: Archive vun der Famill Raths

Evenementer & Réckbléck

Coupe scolaire

7. Juni 2025

Wou
Gemengenatelier
Organisatioun
Eltereveräin Biissen



Am Juni hunn d'Schüler aus dem Cycle 4 nees ënner Beweis gestallt, wéi gutt si mat hirem Vëlo am Stroosseverkéier eens ginn. Ganz virbildlech sinn si alleguerten duerch d'Biisser Stroosse gefuer an hunn och de Geschécklechkeetsparcours virum Gemengenatelier gemeeschtert. Als Belounung fir d'Participatioun, krut all Schüler e klenge Kaddo, an déi beschte Vëlosfuerer aus all Cycle sinn zousätzlech nach mat engem Bong belount ginn. BRAVO, dir hutt dat alleguer tipptopp gemaach!

NIKKI NINJA Concert um Schoulfest

14. Juli 2025

Wou
Am Frounert
Organisatioun
Eltereveräin Biissen

Fir d'Schouljoer ofzeschléissen, hat den Eltereveräin d'NIKKI NINJA & AFROBEATHOVEN op Biissen invitéiert, fir d'Kanner an hir Eltere mat coolem Hip-Hop op lëtzebuergesch zum Danzen ze kréien. Natierlech gouf et och e kaalt Gedrénks an eng lecker Wurscht. Sou konnt d'Schouljoer bei beschtem Wieder mat dësem Fest ofgeschloss ginn, an d'Kanner an d'Léierpersonal an hir wuel verdéngte Vakanz goen.





Marche Gourmande vun der Biisser Musek

21. September 2025

Wou
Biissen
Organisatioun
Biisser Musek





Den 21. September 2025 war Marche Gourmande zu Biissen. Et war dëst schonn déi véierzéngt Marche Gourmande, déi d'Biisser Musek organiséiert huet an nach ëmmer si ganz vill Leit op Biissen komm fir matzemaachen. Dës Kéier huet d'Wieder, haaptsächlech am Ufank, net matgemaach, sou dass d'Leit vun der Musek moies fréi d'Zelter fir d'Marche Gourmande bei geschloenem Reen op der Wiss an am Bësch hu missen opriichten. Ënnert deene Wiederkonditioune war dat eng richteg haart Aarbecht.

Iwwer 600 Leit sinn de Wee vun der Marche Gourmande getrëppelt. Graff resuméiert ass et vun der Sportshal laanscht d'Zone industrielle « um Seif » op de Knapp gaangen, erof an d'Rénkelsgaass bis bei d'Neelfabrik, weider d'Vëlospiste erop an dunn erof op déi al Eisebunnsstreck. An de Kéiere kuerz viru Béiwen goung et iwwer d'Strooss, weider duerch de Bësch bei den Uessestall an iwwer Päizenäcker erof an de Frounert. De leschten Deel goung duerch d'Geiwels op d'Colmerstrooss an iwwer d'Atert bei de Musekssall. Duerch d'Cité « um grousse Mies » sinn d'Leit nees zeréck bei d'Sportshal komm. Mat dësem Wee kruten si en Androck vun der Schéinheet vun eisem Duerf an eise Bëscher.

D'Wieder huet sech am Laf vum Dag berouegt, d'Organisatioun huet geklappt, d'Iessen an de Wäin hu geschmaacht, d'Leit waren zefridden, d'Marche Gourmande war nees e grousse Succès. Den Organisatiounskommitee huet d'Marche Gourmande wärend praktesch engem ganze Joer geplangt. Um Dag selwer war de ganze Veräin am Asaz. Och Eltere vun de Membere vun der Jugendmusek a Frënn a Bekannter vun der Musek hu gehollef. D'Iessen op verschiddene Stänn an den Dessert gouf souguer vu Leit vum Organisatiounskommitee selwer gemaach. Fir all déi, déi matgeschafft hunn, bleift déi wäertvoll Erfarung, zesummen nees eng Kéier eppes ganz Grousses erreecht ze hunn. Dëst Zesummeschaffe wärend engem ganzen Dag, ass sécherlech eng staark Motivatioun fir den Zesummenhalt am Veräin.

Mir freeën eis all op déi fofzéngt Marche Gourmande zu Biissen e Sonndeg , den 20. September 2026.

Agility Tornadoes Bissen

26. - 28. September 2025

Wou
Soliera (Italien)

Agility Tornadoes Bissen erfolgreich bei den International Cocker Agility Championships in Italien

Vom 26. bis zum 28. September fanden im italienischen Soliera die International Cocker Agility Championships statt, eines der bedeutendsten Agility-Turniere weltweit für Hunde der Rasse Cocker.

Rund 150 Hunde aus ganz Europa, den USA und Asien gingen an den Start und sorgten für ein beeindruckendes sportliches Niveau.

Die Organisation vor Ort war herzlich, professionell und bot den Zwei- und Vierbeinern perfekte Bedingungen für drei spannende Wettkampftage.

Auch Agility Tornadoes Bissen war vertreten:

Richard Moffat startete mit seinen beiden Cocker-Damen Trifle und Nala. Die Ergebnisse können sich sehen lassen.

Der Verein ist mächtig stolz auf das erfolgreiche Trio.

Erfolge von Trifle & Nala:

- Richard Moffat & Trifle – 1. Platz Jumping
- Richard Moffat & Trifle – 3. Platz Agility
- Richard Moffat & Nala – 1. Platz Agility
- Richard Moffat & Nala – 2. Platz Agility
- Richard Moffat & Nala – 5. Platz Agility

Diese großartigen Platzierungen sind ein starkes Ergebnis für Luxemburg und zeigen den hohen Leistungsstand unserer Vereinsmitglieder.

Am Sonntag fand zum Abschluss der Veranstaltung das große Finale statt, womit ein eindrucksvolles und sportlich intensives Wochenende zu Ende ging.

Das nächste Cocker Agility Championship findet 2026 in Polen statt – und das Trio ist bereits jetzt fleißig am Trainieren, um auch dort wieder für Furore zu sorgen.





Fotoen: International Cocker Agility Championship

15 Joer Crèche Margréitchen

12. Oktober 2025

Wou
Crèche Margréitchen
Organisatioun
Crèche Margréitchen



Den 12. Oktober 2025 huet d'Crèche Margréitchen hire 15. Gebuertsdag gefeiert – 15 Joer voller klenger Schrëtt, grousse Spréng a vill Léift fir eis Biisser Butzen. Bei enger häerzlecher Feier hunn d'Kanner, d'Elteren an d'Equipe zesumme gelaacht, Erënnerunge gedeelt an déi vill flott Momenter vun de leschte Joere gefeiert. D'Gemeng huet der Equipe e grousse Merci gesot fir hiren Engagement an déi grouss Passioun, mat där si schonn zënter 15 Joer d'Kanner begleeden. Eng kleng Feier, mee e grousse Merci un all déi, déi dës Joeren esou besonnesch gemaach hunn.

Traditionelle Bingo-Nomëtteg

6. November 2025

Wou
Wonerbatti
Organisatioun
Biisser Kommissioun vum Drëtten Alter

D'Kommissioun vum Drëtten Alter hat de 6. November op hiren traditionelle Bingo-Nomëtteg invitéiert, e Rendez-vous, dee sech an de leschte Joren zu engem festen Datum am Kalenner vun eise Senioren entwéckelt huet. A gemittlecher Atmosphär hunn d'Participanten e flotten Nomëtteg zesumme verbruecht, mat vill Freed, Gespréicher a lauter gudder Laun. Nieft de Bingo-Spiller konnt ee sech och un engem gudden Eisekuch an engem Patt, offréiert vun der Gemeng, erfreeën. D'Evenement war eng schéi Geleeënheet, fir zesummen ze laachen, ze schwätzen an déi gutt Gesellschaft ze genéissen.



Crèche beim Musekshaus

Hierscht 2025

Organisatioun
Crèche beim Musekshaus





Liesen a Erzielen an der Crèche beim Musekshaus

An Zesummenaarbecht mam Bibliobus hu mir fir e bestëmmten Zäitraum verschidden Erzielmetoden a Bicher ausgeléint kritt. Mat dëser Méiglechkeet kënnen d'Geschichten an eiser Crèche nach méi variéiert an dynamesch erzielt ginn.

Nieft der Erzielschinn, dem Erzählkoffer, dem Kamishibai an dat alldeeglecht Kucken a Virliese vu Bicher, droen dës Aktivitéiten dozou bäi, d'Sproochkompetenzen an d'Méisproochegkeet vun de Kanner op spillerësch Aart a Weis ze förderen.

D'Kanner hunn de ganzen Dag iwwer Zougang zu enger grousser Auswiel u Bicher, déi si mat vill Freed duerchkucken. Si froen d'Fachpersonal och reegelméisseg, fir zesumme Geschichten ze liesen oder ze erzielen.

Equilibréiert Collatioun an der Crèche beim Musekshaus

Ufank Oktober hu mir um Projet „Equilibréiert Collatiounen – Réduction de la consommation de sucre" deelgeholl.

Anhand vun engem Rezeptbuch hu mir vill lecker, gesond a kreativ Snack-Virschléi virgestallt kritt. Dëst huet d'Fachpersonal inspiréiert, a mir hunn eis net huele gelooss, e puer vun dësen Iddien direkt an der Crèche ëmzesetzen.

D'Team huet zesumme mat de Kanner verschidde Rezepter nogemaach, an dobäi haten déi Kleng net nëmme Freed um Virbereeden, mee och um gemeinsame Genéisse vun de gesonde Snacks.

Dëse Projet war eng flott Geleeënheet, fir d'Kanner op spillerësch Aart a Weis un eng equilibréiert Ernährung erunzeféieren an hinnen ze weisen, datt gesond och richteg gutt schmaache kann.











Pappendagsfest an der Crèche beim Musekshaus

Fir de schéinen Dag zesumme mat de Pappen an de Kanner aus eiser Crèche ze feieren, hu mir ee gemittlechen Nomëtteg an Zesummenaarbecht mat Natur on Tour organiséiert. Ronderëm eng Feierschuel a mat Hëllef vu Croque-Monsieur-Eise konnten d'Pappen zesumme mat hire Kanner hir eege lecker Croque-Monsieuren zoubereeden, an dës an enger flotter Atmosphär bei guddem Wieder dobaussen am Haff genéissen.

Am Haus goufen zousätzlech Atelieren ugebueden, un deenen d'Pappen a Kanner konnten deelhuelen. Eis Sportsreferentin hat e Parcours fir Kleng a Grouss virbereet, an un eiser Fotostatioun hat jiddereen d'Méiglechkeet, eng kleng Erënnerung mat heemzehuelen.

Dësen Dag war eng flott Geleeënheet, fir zesummen an den Austausch ze kommen an de Pappen eng wäertvoll Zäit mat hire Kanner an eiser Crèche ze schenken.





Commemoratioun 2025

18. - 19. Oktober 2025

Wou
Frounert
Organisatioun
Gemeng Biissen

Ons Jongen net vergiess – en emotionalen a musikalesche Weekend zu Biissen.

Wann Erënnerung a Fräiheet zesumme gefeiert ginn!

De Weekend vum 18. an 19. Oktober 2025 stoung zu Biissen ganz am Zeeche vun der Geschicht, dem Zesummenhalt an der Fräiheet. Iwwer zwee Deeg goufen am Frounert vill flott Momenter gedeelt, wou Kultur, Erënnerung a musikalesch Emotiounen Hand an Hand goungen. De Samschdegowend huet mat engem feierleche Vernissage vun der Ausstellung „Ons Jongen“ ugefaangen. Dodernieft war et awer och de Vernissage vun der Ausstellung “Trounwiessel” – eng Initiativ vun de Kanner aus dem Cycle 4.2., déi mat hire Wierker en häerzleche Bäitrag zu dësem Evenement gemaach hunn.

Fir de musikaleschen Deel vum Owend huet “Manuela Mousel Sing Jazz Duo” gesuergt, begleet vun engem Éirewäin, offréiert vun der Gemeng. Zum Ofschloss vum Owend gouf de Film „D’lerzenzopp ass gutt“ vum Fred Mersch a Paul Kohn projezéiert, mat wäertvolle Kommentare vum Dréibuchauteur Erny Kohn.











LAUSCHTERT HEI EEN TEMOIGNAGE AUS DÄR ZÄIT VUN DER MADAME THILMANY



De Sonndeg huet traditionell mat engem Cortège vun de Veräiner, Porte-Drapeauen, Päerdskutschen an US-Gefierer ugefaangen. Nom Tour duerch d’Duerf gouf eng Mass gefeiert, dono eng Zeremonie beim Monument aux Morts mat dem Néierleeë vun enger Gerbe. Am Frounert huet de Buergermeeschter David Viaggi eng Usprooch gehalen, dono goufen déi lëtzebuergesch an amerikanesch Hymne gespillt a gesongen, vun der Biisser Musek a Chorale, déi och d’Lidd „Ons Jongen“ interpretéiert hunn. D’Gemeng huet duerno zu engem Patt an engem Maufel invitéiert – eng symbolesch Geste fir déi Biisser Jongen a Meedercher ze éieren. Den Nomëtteg stoung am Zeeche vun der Fräiheetsfeier, mat enger Ausstellung vun US-Gefierer a spannend Jeeptouren duerch d’Duerf, organiséiert vun der QUADRIGA asbl. Um 15 Auer huet d’Biisser Musek mat engem „Marching“-Concert fir e musikalesche Schlussakzent gesuergt. E gelongene Weekend, wou Erënnerung, Dankbarkeet a Fräiheet mat vill Häerz gefeiert goufen.



Agility-Wochenende der Agility Tornadoes Bissen

25. - 26. Oktober 2025

Wou
Agility Tornadoes Bissen
Organisatioun
Agility Tornadoes Bissen



Am Wochenende des 25. und 26. Oktober 2025 fand auf dem Trainingsgelände der Agility Tornadoes Bissen ein abwechslungsreiches Agility-Wochenende statt. Trotz wechselhaftem Wetter und teilweise schwierigen Bodenverhältnissen blickt der Verein auf zwei erfolgreiche und lehrreiche Tage zurück.

Am **Samstag, den 25. Oktober**, organisierten die Tornadoes einen kleinen internen Wettkampf für ihre Mitglieder. Ziel war es, den Vereinsmitgliedern – insbesondere jenen, die im kommenden Jahr erstmals an offiziellen Turnieren teilnehmen möchten – einen Einblick in den Ablauf eines Wettbewerbs zu geben.

Am Vormittag wurden zweimal derselbe Agility-Parcours und am Nachmittag zweimal derselbe Jumping-Parcours gelaufen. Beim Jumping-Parcours – im Gegensatz zum klassischen Agility – gibt es keine Kontaktzonenhindernisse wie Wippe, Steg oder Wand, was den Parcours schneller und dynamischer macht.

Agility ist eine Hundesportart, bei der Hund und Hundeführer gemeinsam einen Hindernisparcours aus Sprüngen, Tunneln, Slaloms und weiteren Geräten möglichst fehlerfrei und in kurzer Zeit bewältigen. Dabei steht die harmonische Zusammenarbeit zwischen Mensch und Hund im Vordergrund – Schnelligkeit allein reicht nicht, auch Präzision und Kommunikation sind entscheidend.

Zur Mittagszeit wurde gemeinsam auf dem Vereinsgelände gekocht und gegessen. Auch wenn Regen und Wind den Tag begleiteten und Mensch wie Hund am Ende von Schlamm bedeckt waren, tat dies der guten Stimmung keinen Abbruch. Im Gegenteil: Das Wochenende zeigte einmal mehr den starken Teamgeist und den Zusammenhalt innerhalb des Vereins. Zum Abschluss des Tages fand eine kleine Preisverleihung statt, bei der die besten Läuferinnen und Läufer mit Pokalen und kleinen Geschenken geehrt wurden.

Am **Sonntag, den 26. Oktober**, durften die Mitglieder ein besonderes Training erleben: Ein externer Trainer war zu Gast in Bissen, um ein intensives Coaching zu geben. Trotz weiterhin matschigen Bedingungen zeigte sich zwischendurch sogar die Sonne. Jede Teilnehmerin und jeder Teilnehmer erhielt eine individuelle Trainingseinheit, um gezielt an der Zusammenarbeit mit dem eigenen Hund zu arbeiten. Auch an diesem Tag wurde mittags gemeinsam gegessen, was zur geselligen Atmosphäre beitrug.

Das Wochenende bot eine wertvolle Gelegenheit, Erfahrungen zu sammeln und das Zusammenspiel zwischen Mensch und Hund weiter zu verbessern. Die Agility Tornadoes Bissen bedanken sich bei allen Mitgliedern, Helferinnen und Helfern, die zum Gelingen des Wochenendes beigetragen haben, und freuen sich bereits auf die kommende Saison.





Cäciliendag vun der Biisser Musek

22. November 2025

Wou
Biisser Kierch
Organisatioun
Biisser Musek



E Samschdeg, den 22. November 2025 war Cäciliendag, d'Patronatsfest vun de Museks- a Gesangveräiner. Traditionell huet d'Musek wärend der Cäciliemass um Samschdeg Owend, déi vun dem Biisser Cäciliechouer gesonge gouf, e puer Stécker gespillt. Dës Kéier war et bei der Entrée d'Wierk Heroic Fanfare, een triumphale Solo fir den Trompetteregëster. Wärend der Mass sinn zwee méi roueg Stécker gespillt ginn an zwar Pie Jesu aus dem Requiem vum Gabriel Fauré mat dem Marc Alen als Solist um Tuba, an The Second Waltz vum Dimitri Shostakovitch mat dem Julie Ries als Solistin um Saxophon Alt. Als Sortie huet d'Musek en Arrangement vun dem Lidd The Book of Love gespillt, vum brittesche Museker a Komponist Peter Gabriel.

No der Mass war d'Cäcilieniessen, dat grousst Familljefest vun der Musek. Nieft de Partnerinnen a Partner vun de Memberen, waren och all Leit invitéiert, déi der Musek am Laf vum Joer gehollef hunn, haaptsächlech bei der Marche Gourmande. Och d'Membere vun der Jugendmusek mat hiren Elteren a Geschwëster waren invitéiert.

No dem Iesse goufen déi traditionell Verdingschtmedailen ausgedeelt. Dës Kéier waren et: Insigne de Mérite fir fënnef Joer: Mia Alen. Bronze Medail fir zéng Joer: Kenza Zulian. Sëlwer Medail fir zwanzeg Joer: Julie Ries an Eric Ernzen. Médaille de Mérite en Vermeil fir drësseg Joer: Serge Braun. Médaille de Mérite en Argent «Grand-Duc Adolphe» fir fofzeg Joer: Georges Adam. Nodréiglech krut den Nico Koch d'Staatsmedail Chevalier de la Couronne de Chêne fir 40 Joer Memberschaft an der UGDA iwwerreecht.

#BamChallenge

RTL LËTZEBUERG

Trend zu Lëtzebuerg: Klenge Geste, grouss Wierkung

An de leschten Deeg ass den #BamChallenge a ganz Lëtzebuerg viral gaangen. D'Iddi ass einfach: e Bam planzen, e Bild oder e klenge Video deelen, an duerno eng aner Persoun oder Organisatioun nominéieren.

Wat fréier de Kettebréif war, ass haut de Post an de soziale Medien. Vill Gemengen, Associatiounen an Institutiounen aus dem Land hunn déi lescht Deeg am Kader vun dësem Challenge e Bam geplanzt. Vu Miersch bis Wanseler, vu verschiddene Scouts-Gruppe bis hin zum Grand-Duc Guillaume a sengem Papp.

Déi ëffentlech Posts an de soziale Medie weise vill Freed an Engagement, bei der Aktioun matzemaachen. Geleeëntlech mat engem witzegen Touch, enger flotter Gruppefoto oder engem klenge Video.

E Bam fir méi propper Loft

Et soll een net ënnerschätzen, wat esou e Bam fir d'Natur a fir eis selwer bedeit. Eng eenzeg Planz kann iwwer Joerzéngten Tonnen CO_2 bannen, bitt Villercher an Insekten e wichtege Liewensraum an hëlleft dobäi, d'Buedemqualitéit ze stabiliséieren.


Wat méi Leit matmaachen, wat den Impakt méi grouss ass. Donieft dierft dës Aktioun virun allem sensibiliséieren. Beem killen d'Loft, spende Schied an droen dozou bäi, extrem Hëtzt am Summer ze reduzéieren.

An eisem dach meeschtens stressegen Alldag wéist d'#BamChallenge, wéi einfach et ass, eppes Guddes ze maachen.

Source : RTL.Lu 20.11.2025

Kuckt iech d'Videoen alleguerten op de respektive Soziale Medien vun de Veräiner an Institutiounen un!





Hierscht 2025

Organisatioun
Biisser Veräiner

D'Natur wiisst mat eise Kanner

8. November 2025

Wou
Neie Park
Organisatioun
Biisser Ëmweltkommissioun







D'Gemeng Biissen huet, a Kollaboratioun mat der Ëmweltkommissioun, den 8. November all Neigebueren aus de Joren 2022/2023, 2023/2024 an 2024/2025 invitéiert, fir dëst schéint Evenement zesummen ze feieren. Als Symbol fir d'Liewen an d'Zukunft goufen dräi Eechebeem geplanzt. D'Kanner hu fir dëse speziellen Dag e klenge Kaddo kritt, an dono hunn d'Familljen de Moie gemittlech bei engem Patt an der Buvette vun der Sportshal ausklénge gelooss.



E gelongene Chrëschtmaart an der Residenz Am Park

22. November 2025

Wou
Residenz Am Park
Organisatioun
Päiperlék



Chrëschtmaart an der Seniorenresidenz Am Park. D'ganz Ekipp vu Päiperléck hat samsdes, den 22. November vun 11 bis 16.30 Auer op hiren traditionelle Chrëschtmaart an der Seniorenresidenz agelueden. Bei flotter Chrëschtdagsdekoratioun hu mir déi schéinsten Zäit vum Joer agelaut an eis op déi Feierdeeg virbereet. Eisen Dagesfoyer zesumme mat de Matbewunner haten hir selwer gemeete Saache presentéiert, déi zum Verkaf stoungen. Awer och Läif a Séil koumen net ze kuerz. Vun der Bouneschlupp bis hin zu de frësche Wafele war fir jiddereen eppes dobäi. Vill Leit ware laanscht komm, fir e gemittlechen a musikaleschen Nomëtten mat eis ze verbréngen. Mir hunn eis ganz vill iwwert de Besuch gefreet! D'Ekipp aus der Seniorenresidenz Am Park seet Merci.

Klammklub Bissen Wanter 2025

Hierscht 2025

Organisatioun
Klammklub Biissen





Esou eidel hat nach kee vun de Membere vum KKB d'Klammmauer gesinn! An der Vakanz sinn all d'Prisen erofgeschrauft an an engem Kärcher-Marathon gebotzt ginn. Lo hu mir **33 fuschnei Voieë** mat Niveauen tëscht 4a a 7c!

De 6. September huet de KKB scho seng **4. Assemblée générale** ofgehalen. Niewent Réck- an Ausbléck sinn och déi nei Statute virgestallt ginn. Den Owend ass gemittlech bei engem Tri de Pâtes ausklénge gelooss ginn.

Am September huet den D-Summit dee groussen **National Lead Championchip fir U12** organiséiert. De KKB war mat 6 Klëmmerinnen a Klëmmer gutt vertrueden! All eis Klëmmer hunn eng gutt Performance bruecht an op dem Felix seng 5. Plaz an dem Lio seng Plaz um Podium kënne mir houfreg sinn !!!

Eis **Interclub-Owenter** si mëttlerweil feste Bestanddeel am KKB-Kalenner. Dës Kéier war den Tour um KlammKlub Nidderaanwen fir eis nei geschraufte Klammmauer ze entdecken. Mir revanchéieren eis zäitno mat engem Besuch zu Nidderaanwen!

Neen, keng Stroumpann an der Sportshal, mee déi 2. Editioun vum **"Climbing in the Dark"**. Just mat Kappluten equipéiert an an enger grujeleger Ambiance hunn d'Klëmmer sech d'Mauer eropgeschafft.

Biisser Chrëschtmaart

28. - 29. November 2025

Wou
Frounert
Organisatioun
Gemeng Biissen

Wann den 1. Advent méi no réckelt, da gëtt et Gewibbels an de Veräiner. Da steet de Chrëschtmaart un, dëst Joer freides den 28. a samschdes, den 29. November. Och wann déi Veräiner scho jorelaang derbäi sinn, gëtt et awer all Joer op en Neits vill ze plangen an ze schaffen. Schonn déi Deeg virdrun ass vill lass am Frounert, fir alles opzeriichten. Dat gëllt net just fir d'Veräiner, mä och fir déi vill Exposanten, déi hir Saachen ubidden. Wann dann d'Ouverture freides owes ass, dann ass alles perfekt. Iwwerall liicht a funkelt et, an aus de Bude richt et aluedend iwwert d'Plaz.

Op der Bün ass stänneg Live Musek, a samschdes e ganz besonneschen Optrëtt, dee vum Kleeschen a sengem Begleeder. Si huele sech Zäit fir d'Kanner, et kann eng Foto gemaach ginn, an dee Moment wäert bei de Kanner laang hänkebleiwen.





Wéi vill Eventer dëst Joer stoung och de Chrëschtmaart am Zeeche vun Télévie. Freides owes war de feierleche Lancement vun der Spendenaktioun, déi dann hire grandiosen Ofschloss den 18. Abrëll 2026 wäert hunn. De Roger Saurfeld, President vum Télévie Kommitee, huet a senger Ried gesot, datt Biissen, als Télévie Zenter, virun enger grousser Erausfuerderung steet, mä datt dat Ganzt och eng Chance ass, fir d'Bierger fir dës eminent wichteg Recherche géint de Kriibs ze sensibiliséieren an och datt d'Gemeng weist, wéi Solidaritéit gelieft gëtt.

Op deenen 2 Deeg ware vill Leit am Frounert. Och d'Wieder, wat dëst Joer guer net optimal war, huet si net ofgeschreckt, hiren Tierchen iwwert de Chrëschtmaart ze dréinen an hei an do bei engem Stand stoen ze bleiwen.









SAVE THE DATE !

Januar

Thé dansant
4. Januar 2026

FEST

Wou – Hal Frounert
Org. – FC Atert Häre

Chrëschtbeemecher-Kollekt
10. Januar 2026

SERVICE

Wou – Duerf
Org. – FC Atert Jugend

Winter-Afterwork
15. Januar 2026

FEST

Wou – Tennis Clubhouse
Org. – Tennis Biissen

Kanner Second Hand
17. Januar 2026

EVENT

Wou – Hal Frounert
Org. – Eltereveräin

Hierkenowend
24. Januar 2026

EVENT

Wou – Wonerbatti
Org. – Chorale

Winter-Afterwork
29. Januar 2026

FEST

Wou – Tennis Clubhouse
Org. – Tennis Biissen

Schlager Night
30. Januar 2026

FEST

Wou – Hal Frounert
Org. – Cercle Dramatique Biissen

Februar

Thé dansant
1. Februar 2026

FEST

Wou – Hal Frounert
Org. – Bi-Fit

Liichten
2. Februar 2026

FEST

Wou – Duerf
Org. – Eltereveräin

Fuesparty
5. Februar 2026

FEST

Wou – Wonerbatti
Org. – 3. Alterskommissioun, Gemeng Biissen



Fettendonneschdeg
12. Februar 2026

FEST

Wou – Hal Frounert
Org. – Eltereveräin

Winter-Afterwork
12. Februar 2026

FEST

Wou – Tennis Clubhouse
Org. – Tennis Biissen

Zipperleinsbal
13. Februar 2026

FEST

Wou – Hal Frounert
Org. – FC Atert Häre

Kannerfuesbal
14. Februar 2026

FEST

Wou – Hal Frounert
Org. – Biisser Musek

Buergbrennen
21. Februar 2026

TRADITIOUN

Wou – Buusbierg
Org. – Pétanque



Final 4
26. Februar 2026 – 1. Märze 2026

SPORT

Wou – Sportshal
Org. – VC Biissen

Winter-Afterwork
26. Februar 2026

FEST

Wou – Tennis Clubhouse
Org. – Tennis Biissen

März

Krimi Dinner
7. Märze 2026

AKTIVITEIT

Wou – Hal Frounert
Org. – Télévie Center Biissen

Grouss Botz
14. Märze 2026

AKTIVITEIT

Wou – Duerf
Org. – Ëmweltkommissioun

Klautjesbal
14. Märze 2026

FEST

Wou – Hal Frounert
Org. – FC Atert

Bicherausstellung
16. – 22. Märze 2026

FEST

Wou – Wonerbatti
Org. – Eltereveräin

Galaconcert
21. Märze 2026

FEST

Wou – Hal Frounert
Org. – Biisser Musek

Eurovision Preview Night
27. Märze 2026

CONCERT

Wou – Hal Frounert
Org. – Gemeng Biissen



Gebakene Fësch
27. Märze 2026

IESSEN

Wou - Wonerbatti
Org. – FC Atert

Abrëll

Hierkeverkaf
3. Abrëll 2026

IESSEN

Wou – Wonerbatti
Org. – Chorale

Ouschtermarsch vun der Biisser Musek
6. Abrëll 2026

AKTIVITEIT

Wou – Duerf
Org. – Biisser Musek



Muppe-Rallye
11. Abrëll 2026

EVENT

Wou – Sportshal
Org. – Agility Tornadoes Bissen

Floumaart
12. Abrëll 2026

EVENT

Wou – Duerf, Frounert/Hal Frounert
Org. – FC Atert

Centre de promesse Télévie
18. Abrëll 2026

EVENT

Org. – Gemeng Biissen

Hamenowend
25. Abrëll 2026

EVENT

Wou – Wonerbatti
Org. – AGEP

Mee

Fada's Family
2. Mee 2026

SHOW

Wou – Hal Frounert
Org. – FC Atert

TerraBis
9. Mee 2026

FEST

Wou – Frounert
Org. – Gemeng Biissen



Jugend-Tournoi
13. – 14. Mee 2026

SPORT

Wou – Fussballterrain
Org. – FC Atert Jugend

Videoevent
16. Mee 2026

EVENT

Wou – Wonerbatti
Org. – SweetSpot

BisArt
28. Mee – 1. Juni 2026

EVENT

Wou – Wonerbatti
Org. – Kulturkommissioun, Gemeng Biissen

Kiermesbal
29. Mee 2026

EVENT

Wou – Hal Frounert
Org. – FC Atert

Juni

Kiermes-Apéro & Ham
1. Juni 2026

IESSEN

Wou – Hal Frounert
Org. – FC Atert Jugend

Coupe scolaire
6. Juni 2026

IESSEN

Wou – Gemengenatelier
Org. – Eltereveräin

Nuit du sport
6. Juni 2026

IESSEN

Wou – Sportshal
Org. – Gemeng Biissen



Mammendagsfeier
7. Juni 2026

IESSEN

Wou – Hal Frounert
Org. – Blummeveräin

Jour du Portugal
13. Juni 2026

FEST

Wou – Hal Frounert
Org. – FC Atert



Musical
13. – 14. Juni 2026

CONCERT

Wou – Veräinshaus
Org. – Kannergesank

Gürtelwiessel
13. – 14. Juni 2026

SPORT

Wou – Sportshal
Org. – Capoeira

Radios- an Tëleesmass
21. Juni 2026

AKTIVITEIT

Wou – Kierch
Org. – Chorale

Te Deum & Volleksfest
22. Juni 2026

FEST

Wou – Kierch & Frounert
Org. – Gemeng Biissen

LALUX BisTrail
26. Juni 2026

FEST

Wou – Sportshal
Org. – DT, Tennis, Jugendhaus Biissen, ID.Lu

Juli

Schlussfest mat Kanner
3. Juli 2026

FEST

Wou – Wonerbatti, Frounert
Org. – Tropical Dancing

E-Sport-Event
3. -5. Juli 2026

EVENT

Wou – Sportshal
Org. – FC Atert

Schoulfest
15. Juli 2026

FEST

Wou – Frounert
Org. – Eltereveräin

Coupe FC Atert
15. -16. Juli 2026

SPORT

Wou – Fussballterrain
Org. – FC Atert



Tournoi
17. Juli 2026

SPORT

Wou – Fussballterrain
Org. – FC Atert Härren

Coupe
19. Juli 2026

SPORT

Wou – Fussballterrain
Org. – FC Atert





EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK
/ Ausbléck



BI-FIT ASBL BIISSEN

Invitéiert op hiren

télévie
zu Biissen



THÉ DANSANT

GREEN. EVENTS

den 01.02.2026

vu 15:00 - 20:00 Auer

an der Hal Frounert zu Biissen

rue de la Laiterie

Orchester: LOS AMIGOS

Fir lessen a Gedrénks ass gesuergt

Entrée 10€

Virverkaf 8.-€



All Awunner, op grouss oder kleng, ass häerzlech invitéiert sech un dëser Sensibiliséierungscampagne fir den Naturschutz ze bedeelegen.

Mir soen lech am Viraus Merci fir Är Mataarbecht am Interessi vun eiser Ëmwelt!

Mir halen eis Gemeng propper, maacht och Dir mat!



DÉPART tëscht 09.30 an 10.00 Auer beim Gemengenatelier (rue du Fossé) fir d'Remise vun den Händschen, Tuten a Pëtzen!

ARRIVÉE tëscht 12.00 an 13.00 Auer beim Centre Wonerbatti (15, rue de la Laiterie) fir gratis Gegrills an Ierzebulli fir all Participant!

Gemeng Biissen




MUPPE-
RALLYE
SAVE THE DATE!
11. ABRËLL 26
ca. 10 km - 6 Statiounen mat Spill a Spaass
Eng Grupp besteet aus mind. 1 Mupp an max. 5 Persounen (Startgeld: 15 € fir all Persoun iwwer 12 Joer)
Flott Präisser ze gewannen
less- a Gedrénksstänn & Animatioun
gratis Parking
Départ: Sportshal Zac Klengbousbierg zu Bissen
Agility Tornadoes Bissen
télévie
zu Blissen
De Bénéfice vun dësem Event geet un den Télévie.
bei Froën: agility.tornadoes@gmail.com


TerraBis
FOOD & CULTURE FROM AROUND THE WORLD
9 MAI 2026
DE 13H00 A 18H00
FROUNERT, BISSEN
BISSEN.LU/TERRABIS



EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK
/ Ausbléck



Administratioun & Servicer

Ännerungen am Schoultransport



Zanter dem 13. Oktober 2025 goufen et Ännerungen am Schoultransport fir d'Lycéeën an der Nordstad. Déi betraffe Buslinne sinn **K10** an **K54 (nei Linn)**:

- **K10:** D'Course 3611 gouf gestrach; d'Arrêten „Henckels", „Geiwels" an „Op der Millen" ginn net méi ugefuer. D'Schüler kënne mat de Coursen 3599 oder 3491 fueren.
- **K54:** Nei Linn tëschent Bieckerech a Gilsdref mat Uschloss un d'Lycéeën zu Ettelbréck, Dikrech a Gilsdref.


*Depuis le 13 octobre 2025, des modifications ont eu lieu dans le transport scolaire pour les lycées de la Nordstad. Les lignes concernées sont **K10** et **K54 (nouvelle ligne)** :*

- ***K10 :** Le trajet 3611 a été supprimé ; les arrêts « Henckels », « Geiwels » et « Op der Millen » ne sont plus desservis. Les élèves peuvent emprunter les trajets 3599 ou 3491.*
- ***K54 :** Nouvelle ligne reliant Beckerich à Gilsdorf, desservant les lycées d'Ettelbruck, de Diekirch et de Gilsdorf.*

Depart vu Biissen / Départ depuis Bissen

Kräizung	**07h22**
Henckels	**07h23**
Geiwels	**07h24**
Op der Millen	**07h25**

Méi Informatiounen a genee Horairen op / Plus d'informations et horaires détaillés sur
www.mobiliteit.lu



Orientierung, Ausbildung, Arbeit

Kein Job? Keine Lehre?



Ariane Toepfer
Coach

Die Gemeinde Bissen unterstützt dich gemeinsam mit ihrem Partner Youth & Work dabei, den richtigen Weg in Ausbildung oder Arbeit zu finden.
Dieses Angebot richtet sich an alle jungen Menschen von 16 bis 29 Jahren und ist kostenlos, vertraulich und freiwillig.

Manchmal läuft es einfach nicht rund: Stress in der Schule, Ärger zu Hause, Orientierungslosigkeit oder gesundheitliche Probleme. Schnell kann daraus Arbeitslosigkeit werden und eine Endlosschleife: keine Erfahrung, kein Job; kein Job, keine Erfahrung. Viele junge Leute kennen das Gefühl, unzählige Bewerbungen zu schreiben und trotzdem keine Antwort zu bekommen.

Genau hier setzt Youth & Work an: Bei uns erhältst du einen persönlichen Coach, der dich individuell begleitet. Selbst nach längerer Arbeitslosigkeit gibt es Chancen!

Die Zahlen sprechen für sich: Bis heute begleiten wir jedes Jahr Hunderte Jugendliche, insgesamt schon über 3.500. Durch die enge Zusammenarbeit mit Unternehmen, Organisationen und Kammern können sich Türen öffnen, an die du vielleicht noch nicht gedacht hast.

Neugierig geworden?
Du möchtest mehr wissen ?
Lerne uns unverbindlich kennen.

Terminanfrage:
Ariane Toepfer
Château de Mersch
L-7501 Mersch

ariane.toepfer@youth-and-work.lu
T 621 250 383 oder
T 26 62 11 41
www.youth-and-work.lu








Orientierung, formation, travail

Pas de travail ? Pas d'apprentissage ?



Ariane Toepfer
Coach

La commune de Bissen t'accompagne, avec son partenaire Youth & Work, pour trouver la voie vers une formation ou un emploi.
Cette offre s'adresse à tous les jeunes de 16 à 29 ans et est gratuite, confidentielle et volontaire.

Parfois, rien ne se passe comme prévu : stress à l'école, tensions à la maison, manque d'orientation ou problèmes de santé. Très vite, cela peut mener au chômage et à un cercle vicieux : pas d'expérience, pas de travail; pas de travail, pas d'expérience. Beaucoup de jeunes connaissent ce sentiment d'envoyer des dizaines de candidatures sans jamais recevoir de réponse.

C'est exactement là qu'intervient Youth & Work : chez nous, tu bénéficies d'un coach personnel qui t'accompagne individuellement. Même après une longue période de chômage, il existe des opportunités !

Les chiffres parlent d'eux-mêmes : à ce jour, nous accompagnons chaque année des centaines de jeunes, au total déjà plus de 3.500. Grâce à une collaboration étroite avec des entreprises, des organisations et des chambres professionnelles, des portes peuvent s'ouvrir auxquelles tu n'aurais peut-être jamais pensé.

Curieux ?
Tu veux en savoir plus ?
Viens nous rencontrer sans engagement.

Ariane Toepfer
Château de Mersch
L-7501 Mersch

ariane.toepfer@youth-and-work.lu
T 621 250 383 / 26 62 11 41
www.youth-and-work.lu








Labomobile zu Biissen



Zanter dem 2. Oktober ass de Labomobile all Donneschdeg vu 7:00 bis 11:00 Auer zu Biissen bei der Musekssschoul (Rue de la Gare) ze fannen .

De Labomobile ass e mobile Service vu BIONEXT, wou eng Infirmière oder en Infirmier direkt op der Plaz verschidde Prouwen huele kann (zum Beispill Bluttanalysen oder PCR-Tester).

Dat Ganzt geet ouni zousätzlech Käschten a ganz ouni Rendez-vous.



Labomobile à Bissen

À partir du 2 octobre, le Labomobile est présent tous les jeudis de 7h00 à 11h00 à Bissen, près de l'école de musique (Rue de la Gare).

Le Labomobile est un service mobile proposé par BIONEXT, où une infirmière ou un infirmier peut effectuer directement sur place différents types de prélèvements (par exemple des prises de sang ou des tests PCR).

Le tout sans frais supplémentaires et sans rendez-vous.



Déblayage de la neige / Schneedienst

DE **Bei Schneefall können Sie auf unseren «Service aux citoyens» zählen. Wir bieten Ihnen einen Schneedienst an, um Ihre Bürgersteige sowie Ihre Außenanlagen zu säubern.**

Dieser Dienst wird Ihnen werktags angeboten:

Von montags - freitags
von 09.00 - 15.30 Uhr
außer an Feiertagen

Wir versuchen, jede Anfrage schnellstmöglich zu erfüllen.

FR **En cas d'enneigement vous pouvez compter sur notre «Service aux citoyens » pour le déblayage de vos trottoirs ainsi qu'autour de votre maison.**

Ce service est offert tous les jours ouvrables:

Du lundi au vendredi de
09.00 à 15.30 heures
sauf les jours fériés

Nous essayons de traiter vos demandes le plus vite possible.

Pour plus de renseignements, n'hésitez pas à contacter notre « Service aux citoyens »

T: 80 48 85 - 1 / www.fpe.lu





SIDEC

NEI AN EISE RESSOURCENZENTEREN

Du kanns elo deng **confidentiel Dokumenter** an eis securiséiert Container geheien. Dës ginn an aller Sécherheet an eng agreéiert Fabrik bruecht an zerstéiert, ouni Risiko fir eng Datefuite.

Denk un alles wat sécher zerstéiert muss ginn :
- Bankextraiten a Rechnungen
- CVen, Paiziedelen, administrativ Dossieren
- Ofgelafen ID- oder Bancomats-Kaarten
- Ënnerschriwwen Dokumenter, Notizen asw.

Alles dat kanns du an aller Rou an eis Container geheien. Acceptéiert ginn Haushaltsmengen.

E Geste fir deng Sécherheet a fir d'Ëmwelt!

NOUVEAU DANS NOS CENTRES DE RESSOURCES

Tu peux maintenant déposer tes **documents confidentiels** dans nos conteneurs sécurisés. Ils seront transportés et détruits en toute sécurité dans une usine agréée, sans aucun risque de fuite de données.

Pense à tout ce qui est important de détruire de façon sécurisée :
- Relevés bancaires, factures
- CVs, fiches de paie, dossiers administratifs
- Cartes d'identité et bancaires périmées
- Documents signés, notes, etc.

Tu peux jeter tout cela en toute sérénité dans nos conteneurs. Accepté en quantités ménagères.

Un geste pour ta sécurité et pour la planète !

ACTION ReUse

CHRËSCHTDEKORATIOUN DÉCORATION DE NOËL

Gëff denger aler Chrëschtdekoratioun
een zweet Liewen!
Donne une seconde vie à
tes anciennes décorations de Noël



Dës Aktioun leeft an all eise Ressourcenzenteren.
Cette action a lieu dans tous nos centres de ressources.

SIDEC

AIRE DE COLLECTE POUR LES DECHETS VERTS

Comment bien trier ?

Sur les aires de collecte locales, les déchets verts sont triés en trois catégories.
Trouvez ci-dessous la liste des déchets acceptés pour chaque catégorie :

1. Branchages

- ✓ Petites et grandes branches
- ✓ Branches avec des feuilles
- ✓ Taille de haies
- ✗ Gazon
- ✗ Terre et pierres
- ✗ Feuilles détachées
- ✗ Mauvaises herbes
- ✗ Herbes hautes

2. Déchets de jardin

- ✓ Gazon avec feuilles
- ✓ Gazon avec mauvaises herbes
- ✓ Herbes hautes
- ✓ Bois broyé
- ✓ Haies persistantes
- ✓ Mousse
- ✓ Fleurs
- ✓ Feuilles
- ✓ Mulch (provenant de particuliers)
- ✓ Autres déchets végétaux
- ✗ Terre et pierres

3. Tonte de gazon

- ✓ Tonte de gazon
- ✗ Gazon avec terre
- ✗ Gazon avec feuilles
- ✗ Gazon avec mauvaises herbes
- ✗ Herbes hautes

Non acceptés sur l'aire de collecte :

- Terre / *doit être déposée dans les déchets de construction*
- Mulch provenant des aires de jeux publiques / *doit être déposé dans les encombrants*
- Sciure / *doit être déposée dans les encombrants*
- Racines / *Veuillez contacter le SIDEC.*

Que fait-on de vos déchets verts ?
La tonte de gazon est utilisée pour produire de l'énergie dans une installation de biogaz. Les déchets de jardin sont transformés en compost et les branches en compost et en bois broyé.

SIDEC

BIEN TRIER : MODE D'EMPLOI

Découvrez nos consignes de tri pour chacune de vos poubelles



PAPIER & CARTON

DÉCHETS ACCEPTÉS :
- Journaux, magazines, livres
- Emballages en papier
- Cahiers et blocs-notes
- Papier d'écriture et d'impression
- Enveloppes en papier

DÉCHETS NON ACCEPTÉS :
- Papier très sale ou gras
- Emballages jetables avec revêtement plastique
- Emballages multicouches
- Cartons à boissons
- Papier peint
- Serviettes en papier et lingettes humides
- Polystyrène dans les boîtes en carton

VERRE CREUX

DÉCHETS ACCEPTÉS :
- Bouteilles en verre (vides et sans bouchon)
- Récipients en verre (vides et sans couvercle)
- Bocaux en verre

DÉCHETS NON ACCEPTÉS :
- Porcelaine
- Céramique
- Fenêtres
- Miroirs
- Ampoules
- Lampes

DÉCHETS ORGANIQUES

DÉCHETS ACCEPTÉS :
- Déchets de cuisine
- Restes de repas crus et cuits
- Déchets de jardin
- Sacs en papier et papier journal (uniquement comme sac poubelle pour les déchets organiques)

DÉCHETS NON ACCEPTÉS :
- Graisses et huiles
- Cendres et charbon
- Balayures et sacs d'aspirateur
- Emballages plastiques
- Mégots de cigarettes
- Litière pour chats
- Serviettes et mouchoirs en papier
- Couches bébé

DÉCHETS MÉNAGERS

DÉCHETS ACCEPTÉS :
- Tous les déchets qui ne peuvent pas être collectés séparément et qui ne sont pas recyclables

DÉCHETS NON ACCEPTÉS :
- Déchets recyclables (papier, carton, verre, biodéchets, bois, etc.)
- Déchets électriques et électroniques
- Déchets de construction
- Déchets dangereux (bouteilles de gaz, médicaments, peintures, piles, etc.)

Nos centres de ressources pour prolonger votre effort de tri :

43, Fridhaff,
L-9379 Diekirch
Tel.: 80 89 83 38

Mierscherbierg,
L-7526 Mersch
Tel.: 32 01 92

Rue de Niederpallen,
L-8506 Redange
Tel.: 26 62 09 13

4, op der Bréimicht,
L-9779 Lentzweiler
Tel.: 26 91 40 09

Suivez-nous pour découvrir nos services et activités !

Einführung Obstbaumschnitt
für Landschaftspfleger und Interessierte

Der gezielte **Schutz, die Erhaltung und die Pflege von Obstbäumen** ist eine wichtige Aufgabe des Naturschutzes, um ihrem Schwinden in unserer Kulturlandschaft entgegenzuwirken. Neben dem **Nutzen des Obstes** hängt von den „Bongerten“ das **Überleben vieler Tierarten** ab. Sie sind Teil unserer Biodiversität.

Ungepflegte Obstbäume fruchten nur wenig, leiden unter mangelndem Licht, riskieren auseinander zu brechen, sind anfälliger für Krankheiten, bringen wenig Ertrag und niedrige Qualität. Mit einem **fachgerechten Schnitt** bleiben sie gesund und werden vor dem Absterben bewahrt.

Deshalb organisiert das Naturschutzsyndikat SICONA in Zusammenarbeit mit der **deutschen Obstbaumschnittschule** einen **dreitägigen Obstbaumschnittkurs für Landschaftspfleger und Interessierte**.

Wann:	**11. – 13.02.2026** inkl.
Wo:	**12, rue de Capellen L-8393 Olm**
Sprache:	**Deutsch**
Anmeldegebühr:	**400 € pP**

Für Essen und Trinken ist während des Tages gesorgt.

Anmeldungen bis zum 15.01.2026 per E-Mail an: administration@sicona.lu

Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 43 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel ist die Erhaltung der heimischen Artenvielfalt und der naturnahen Lebensräume. Neben Landschaftspflegearbeiten ist die Wiederherstellung von Lebensräumen ein Schwerpunkt der Arbeit von SICONA.

12, rue de Capellen L-8393 Olm - T: 26 30 36 25 - E: administration@sicona.lu – sicona.lu

Die Obstbaumschnittschule ist eine überregional tätige Ausbildungsstätte im Bereich des naturgemäßen Obstbaumschnitts. Anfänger wie auch Profis erhalten Wissen und Fertigkeiten, um Obstbäume gesund und ertragreich zu halten. Durch praxisorientierte Kurse, umfassende Seminare und erfahrene Ausbilder bietet die Obstbaumschnittschule fundierte Ausbildungen, die auf nachhaltige und schonende Methoden setzen.

E: info@obstbaumschule.de – obstbaumschule.de


Gemeng Biissen

PacteNature
Ma commune s'engage pour la nature



Dans le cadre du Pacte Nature, la commune de Bissen a été certifiée dans la catégorie 1 avec 51,4 % du nombre maximal de points sur l'ensemble des mesures du catalogue.

Les performances de Bissen en matière de « Établissement et mise en œuvre d'une stratégie générale » et « communication et coopération », domaines pour lesquelles la commune a obtenu 67,9 % et 59,5 % des points du catalogue des mesures, sont très positives, ce qui montre que son engagement dans le Pacte Nature porte ses fruits



Le Pacte Nature

Le Pacte Nature est un **engagement mutuel entre les communes et l'État luxembourgeois** que le ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité a mis en place comme instrument clé pour faire progresser la **protection de la nature au niveau communal**.

En y adhérant, les communes s'engagent à mettre en œuvre les mesures du catalogue de mesures du Pacte Nature. Le catalogue comprend des mesures de protection de la nature dans les domaines suivants : **« établissement et mise en œuvre d'une stratégie générale »**, **« milieu urbain »**, **« milieu des paysages ouverts »**, **« milieu aquatique »**, **« milieu forestier »** et **« communication et coopération »**.

En contrepartie, l'État accorde une subvention de fonctionnement aux communes participantes et couvre les coûts des conseillers Pacte Nature.

Comment fonctionne la certification ?

Il existe quatre niveaux de certifications : 40 %, 50 %, 60 % et 70 %. En atteignant un niveau de certification, la commune se voit octroyer une subvention de certification. Afin de déterminer si une commune a droit à une certification et de calculer le montant de la subvention, le niveau de performance de la commune par rapport aux mesures mises en œuvre est évalué lors d'un audit.

Le rôle de Klima-Agence

Klima-Agence est le gestionnaire du Pacte Nature pour le compte du ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité et remplit deux missions importantes :

- la gestion du programme, la mise à disposition et l'accompagnement des conseillers Pacte Nature et auditeurs ;
- officier en tant qu'interlocuteur opérationnel et soutien technique dans la mise en œuvre du Pacte Nature.

De plus, Klima-Agence s'occupe du développement continu et de la communication du programme.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

klima agence

Kräizwuerträtsel

Léist dëst Rätsel a gewannt mat Chance eng flott Corbeille mat enger Selektioun u Wäiner vu Golden Grape!


Verpasst net dës Chance a maacht mat fir dës flott Corbeille ze gewannen. Schéckt dat richtegt Léisungswuert bis den 1. Mee 2025 per E-Mail un klautjen@bissen.lu.

Bonne Chance!

1. Dëse Minister war zu Biissen
2. Eng mobil Trainingsstatioun fir Trottinetten
3. Donneschdes moies kann een do eng Bluttanalys maache loosen
4. Eng speziell Rubrik am Klautjen, betrëfft d'Gemengepersonal
5. Aktioun, datt een nach fonktionéirend Apparater net ewechgeheie soll
6. Veräin, dee sech ëm amerikanesch Gefierer këmmert
7. Dëse Biisser Veräin gouf 1961 gegrënnt
8. Alen Numm fir d'Route de Finsterthal
9. An der Zäit gouf et dee Bal am Café Raths, ëmmer am Dezember
10. Si huet 15 Joer gefeiert
11. Hien ass Kommandant vun de Biisser Pompjeeën
12. Jonker, déi eng Aarbecht oder eng Ausbildung sichen, kënne sech do mellen
13. Hien ass President vun der Equipe "Télévie"
14. En neie Veräin zu Biissen
15. Anert Wuert fir Recherche



Fannt dat richtegt Léisungswuert!



Nei Gesiichter op der Gemeng



Sandra Ferreira

Mäin Numm ass Sandra Ferreira. Ech si gebierteg vu Kruuchten, mee mëttlerweil wunnen ech zu Schrondweiler. Ech schaffen zanter dem 1. November 2025 zu Biissen am Service Technique, wou ech haaptsächlech administrativ Aufgaben hunn. Virdrun hunn ech 11 Joer bei Rotarex geschafft, an dat am Service vun de Subsiden a Breveten.

Ech si motivéiert, elo zu Biissen ze schaffen, well ech et als eng positiv Erausfuerderung gesinn an ech mech op déi villsäiteg Aarbecht freeën. Ech hoffen och, dass ech de Biisser Bierger hëllefe kann, andeems ech deenen aneren am Service Technique eng Hand mat upaken, sou dass mir eis Optreeg méi séier traitéiert kréien.

A menger Fräizäit reesen ech ganz gär an ech besiche gäre meng Famill. Ausserdeem ginn ech gäre spadséieren, liesen immens vill an ech sinn ee groussen Disney Fan.



Kim Wantz

Ech sinn d'Kim Wantz a wunnen zu Housen. Säit dem 1. Oktober 2025 schaffen ech op der Biisser Gemeng am Service Personalwiesen. Dee Service ass esou nei eréi ech, an ech droen dozou bäi, datt alles wat Personalwiese betrëfft, zentraliséiert gëtt – wéi zum Beispill Posten ausschreiwen, d'Paie rechnen. Och këmmeren ech mech ëm d'Formatiounen an hëllefen nei Iddien mat auszeschaffen an ze konkretiséieren.

Ech hunn 19 Joer laang bei engem grousse private Patron geschafft, och am Beräich Personalwiesen. Doduerch bréngen ech eng grouss Erfarung an eng breet Palette u Kompetenzen mat, déi ech gutt asetze kann. Meng Motivatioun fir op Biissen ze kommen ass, datt ech gesinn, datt dës Gemeng immens engagéiert, aktiv a vill fir hir Bierger do ass. Ausserdeem, sinn ech immens houfreg, en Deel vun der Gemeng ze sinn, fir den neie Service mat Erfolleg opzebauen.

A menger Fräizäit ënnerhuelen ech gären eppes mat menger Famill a Frënn, maache Sport, ginn dacks an d'Natur spadséieren a reese ganz gär, fir Neies an der Welt ze entdecken.

Les membres du collège des bourgmestre et échevins — **echevins@bissen.lu**

David VIAGGI	Bourgmestre david.viaggi@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 560
Roger SAURFELD	Echevin roger.saurfeld@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 561
Cindy BARROS DINIS	Echevin cindy.barros@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 562

Les membres du Conseil Communal — **conseil@bissen.lu**

Loïc BRUNE	Conseiller loic.brune@bissen.lu
Kevin ENGLEBERT	Conseiller kevin.englebert@bissen.lu
Joëlle FAGNY	Conseiller joelle.fagny@bissen.lu
Christian HOSCHEID	Conseiller christian.hoscheid@bissen.lu
Béatrice KABERS	Conseiller beatrice.kabers@bissen.lu
Jos KOECHER	Conseiller jos.koecher@bissen.lu
Georges LUCIUS	Conseiller georges.lucius@bissen.lu
Carlo MULBACH	Conseiller carlo.mulbach@bissen.lu

Accueil Sandra De Sousa Riberinho	**commune@bissen.lu** sandra.desousa@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 531
Population Rui Brito	**population@bissen.lu** rui.brito@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 527
État civil Jil Kremp	**etat-civil@bissen.lu** jil.kremp@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 523
Secrétariat Yves Urwald Jacques Biver	**secretariat.communal@bissen.lu** Secrétaire communal yves.urwald@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 522 jacques.biver@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 530
Recette Marlène Dos Santos Alves Sabrina Pandin	**recette@bissen.lu** marlene.alves@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 535 sabrina.pandin@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 536
Service Relations Publiques Max Steffen Lili Martinez	**com@bissen.lu** max.steffen@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 528 lili.martinez@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 538
Service Ressources Humaines Kim Wantz	**hr@bissen.lu** kim.wantz@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 539
Service Informatique Max Steffen Carlo Sanitate	**informatique@bissen.lu** max.steffen@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 528 carlo.sanitate@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 537
Service Technique Marc Mensen Alain de Lorenzi Sandra Ferreira	**technique@bissen.lu** marc.mensen@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 524 alain.delorenzi@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 529 sandra.ferreira@bissen.lu | Tél. 83 50 03 -525
Préposé Forestier Serge Reinardt	**serge.reinardt@anf.etat.lu** Tél. 83 50 03 - 532
Agente municipale Myriam Weiten	**agent@bissen.lu** myriam.weiten@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 513
Coordinateur sportif David Turpel	**sport@bissen.lu** david.turpel@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 534

Structures d'accueil	
Ecole Fondamentale	Tél. 85 50 03 - 366
Ecole Préscolaire	Tél. 83 50 03 - 323
Jugendhaus „A Sténges"	Tél. 83 50 03 - 250
Maison Relais „Un der Atert"	Tél. 83 50 03 - 450
Précoce	Tél. 83 50 03 - 310
Crèche „Margréitchen"	Tél. 83 50 03 - 410
Crèche „Beim Musekshaus"	Tél. 83 50 03 - 420

Gemeng Biissen

Editeur
Administration communale de Bissen
1, rue des Moulins
L-7784 Bissen
www.bissen.lu
commune@bissen.lu
Tél. 83 50 03 - 1

Et hu matgehollef
Ivano ANDRESINI, Josiane KIEFER, Pol SCHUMMER, Max STEFFEN, Lili MARTINEZ, eis Servicer, d'Kommissiounen an d'Veräiner, d'Structures d'Accueillen an d'Gemengesyndicater.

klautjen@bissen.lu

Layout
ID · Communication, Luxembourg

Oplo
1.500 Exemplarer

Drock
De Klautjen ass op recycléiertem Pabeier gedréckt. De Klautjen gëtt gratis un all Stéit an der Gemeng Biissen verdeelt. Net bestallten Textbeiträg ginn net zeréck geschéckt, an nëmmen da publizéiert, wa Plaz ass. Dir fannt de Klautjen och am Internet: www.bissen.lu

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur
50%

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech



Bitte senden Sie Beiträge (Fotos und Berichte) von Ihren Veranstaltungen für die Veröffentlichung im „Klautjen“ bis spätestens 1. Abrëll 2026 an:

Veuillez nous envoyer les rapports et photos de vos événements culturels pour la publication dans le « Klautjen » jusqu'au 1er avril 2026 à :

klautjen@bissen.lu

YouTube

www.bissen.lu